














# KATALOG 2024

## 10 Joer Bicher, déi Freed maachen

KREMART
EDITION
10 JOER













**Deen neie Jemp Schuster**
368 Säiten • 25 €

Méi op der Säit 56

Lëtzebuerg, November 2023

# Déi zweet Dekad

■ Mat e bësse Luucht an der Däischtert fänkt Kremart d'Joer 2024 un: Am Januar brénge mer nämlech déi lëtzebuergesch Iwwersetzung vum Kannerbuch *RAY – En Insekt weist de Wee* eraus. Et ass eng weider Zesummenaarbecht mam Verlag Oxford University Press.

Méi eng opwänneg Iwwersetzung hu mer wëlles, virum Summer virzestellen: *MAUS* vum Art Spiegelman.


An um Enn vum Joer kënnt der Iech nieft dem rouden an dem bloen Adventskalenner och nach op e magesche freeën: mat 24 klenge Molbicher, wou ee mat e bësse Waasser aus Schwaarz-wäiss-Virlagen déi faarwegst Chrëscht-Motiver kann zauberen. Sidd gespaant!

Och eege Wierker sinn ewell an der Maach: e Buch mat Kuerzgeschichten aus der spatzer Fieder vum Jean-Paul Maes an den Ofschloss vun eiser Rei *Timba – Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch*, wou no 24 Bichelcher Schluss ass.

Aus eiser Siicht: **lauter Highlighten!** An dat am Joer 11 vun eisem Bestoen.

Ob soss nach Saachen derbäikommen? Zimmlech sécher … ma mer wëllen net alles verroden a mer mussen och emol kuerz Loft huelen, well mer hu wierklech alles gemaach, fir eisen zéngte Gebuertsdag net just op Pabeier, mee mat flotte Bicher a coole Projeten ze feieren: mam Roman *Béischten* vum Jemp Schuster zu Helleng beim Camille Kerger, mat der Textsammlung *Nuebelschnéier* vum Jean Back zu Maacher am Stued-Theater, mam Luc François sengem Roman noir *Wasserstand* zu Waasserbëlleg an der La-Palma-Bar, mat direkt dräi neien *Timba*-Bichelcher (den Nummeren 20, 21 an 22) op de Walfer Bicherdeeg, mam Tullio Forgiarini a Claude Grosch hirem Kannerbuch *Bonnie*, dat et an zwou zweesproochege Versioune gëtt (lëtzebuergesch-franséisch a lëtzebuergesch-englesch), mat *engem rouden an engem bloen*















*Adventskalenner* mat allkéiers 24 verschiddene Märercher op Lëtzebuergesch dran, mat enger ganzer Rëtsch iwwersatene Kannerbicher, enger Partie Nodréck an enger Hellewull Liesunge fir Kleng a Grouss queesch duerch d'Land.

Dat war flott a mir soen Iech all Merci fir Ären Interessi! Merci deenen, déi geschriwwen hunn, déi korrigéiert a lektoréiert hunn (absënns dem Myriam Welschbillig), déi gelayout hunn (Creative Corner vu Maacher an natierlech eisem treie Sacha Heck), déi gedréckt hunn (Imprimerie Centrale, Reka, Typo95 ...), déi ënnerstëtzt hunn (apaart dem Focuna), déi diffuséiert hunn, déi verkaaft a kaaft hunn a besonnesch deenen, déi gelies / virgelies hunn: Kremart gëtt et duerch Iech a fir Iech!

Zum komplette Bild gehéiert awer och, datt et net ëmmer einfach ass. D'Buchbranche ass bescheiden, a fir e gutt Buch ze maachen, brauch een Iddien, Geschichten an Know-how. A virun allem och Zäit a Suen, mee dovunner huet een – leider – seele genuch. Dat erklärt zum Beispill och, firwat mer bei Manuskripter net ëmmer direkt reagéieren: Mir kréien der zéng Mol méi, wéi mer der als benevolle Verlag iwwerhaapt kënne kucken, vum Editéiere guer net ze schwätzen ... Sorry!

Ma wa Kannerae fonkelen an d'Käpp vun den Erwuessenen Interessi, Zoustëmmung, Luef signaliséieren, da baut dat op, da motivéiert dat op en Neits. Dofir gi mer eis nach e bëssen drun an zwaffen hoffentlech nach esou muncht flott a gutt Buch. Fir datt aus eiser zweeter Dekad keng Deka*denz* gëtt, mee Kremart weider *eng gutt Lies* garantéiert.
















**Kontakt:**
Kremart Edition S.à r.l.
5, rue François Faber, L-1509 Luxembourg
Tel. +352 621 71 09 29, E-Mail: kontakt@kremart.lu
www.kremart.lu

**Katalog:**
Layout: Mediengestalter.lu – Sacha Heck
Drock: Typo95, Waasserbëlleg

Merci dem Kulturministère an dem Focuna fir hir Hëllef.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

FONDS CULTUREL NATIONAL

Vun 3 Joer un

# Flott geschriwwen, herrlech illustréiert an zweesproocheg!

NEI

■ Eist Kannerbuch »Bonnie« gëtt et direkt an zwou Versiounen: eemol lëtzebuergesch-franséisch an eemol lëtzebuergesch-englesch. Geschriwwe vum Tullio Forgiarini an illustréiert vum Claude Grosch.

D'Bonnie kann net schlofen. Et langweilt sech. A soss ass kee waakreg am Haus. Oder? D'Bonnie mécht sech op d'Sich no de Monsteren aus der Nuecht, fir mat hinnen … ze spillen! Well d'Bonnie fäert keng Monsteren. Fäerten, dat ass just eppes fir Erwuessener!











Nuets gutt schlofen … dat klappt net ëmmer. *Bonnie* probéiert, mat Sensibilitéit, Fantasie an e bëssen Humor d'Angscht virun der Däischtert ze meeschteren. Net nëmme fir Kanner.





■ Bonnie ne peut pas dormir. Elle s'ennuie. Elle se met à la recherche des créatures de la nuit… pour jouer avec elles ! Car Bonnie n'a pas peur. Il n'y a que les adultes qui craignent les monstres !

Passer une bonne nuit… ça ne marche pas à tous les coups. C'est avec sensibilité, un peu d'humour et beaucoup de fantaisie que *Bonnie* essaie de venir à bout de ses peurs. Un livre pour enfants… mais pas que.

À partir de 3 ans

**Tullio Forgiarini & Claude Grosch**
**Bonnie**
Fäerten, dat ass just eppes fir Erwuessener!
Il n'y a que les adultes qui ont peur des monstres !
Zweesproocheg Versioun – Version bilingue
**ISBN 978-2-919781-63-8**
**32 Säiten • 25 €**




■ Bonnie can't sleep. She is bored. So, she goes looking for the creatures of the night… To play with them! Bonnie isn't afraid. Only grown-ups are scared of monsters!

Getting a good night's sleep… It doesn't always work. With sensitivity, a little humour, and a lot of fantasy, *Bonnie* tries to overcome these fears. A book for children… but not only.

For children aged 3 and over

**Tullio Forgiarini & Claude Grosch**
**Bonnie**
Fäerten, dat ass just eppes fir Erwuessener!
Only grown-ups are afraid of monsters!
Zweesproocheg Versioun – Bilingual Version
**ISBN 978-2-919781-65-2**
**32 Säiten • 25 €**

NEI

# D’Liicht an der Däischtert

D’Maus ass op esou engem schéinen Trëppeltour, datt se guer net matkritt, wéi d’Zäit vergeet. Wéi d’Schieter méi laang ginn an et op eemol däischter gëtt, kritt se et mat der Angscht ze dinn. Ma dann daucht e Gehaansfénkelche mat sengem Liicht op. De Glüwiermche seet: »Ech sinn de Ray an ech weisen der de Wee!«


Begleet d’Maus an hir Frënn (déi natierlech all guer keng Angscht virun der Däischtert hunn) op engem Nuetstripp voller Iwwerraschungen.


Mir si vum »Ray« begeeschtert: supergutt geschriwwen an onmoosseg flott illustréiert. Ma iwwerzeegt Iech selwer!

**Erschéngt am Januar 2024**


**Alex Latimer**
**Ray – E klengt Insekt weist de Wee**
**ISBN 978-2-919781-46-1**
**36 Säiten • 20 €**


**Vun 3–4 Joer un**





# Faarwen + Fangeren = Furri

**Vun 3 Joer un**

Dës Bicher stieche voller Iddie fir Fangerofdréck an et ass och ëmmer genuch Plaz do, fir der eegener Kreativitéit fräie Laf ze loossen: Einfach den Deckel vun de Kësse mat der Tënt erofhuelen a scho kann et lassgoen!




■ Du bass frou mat Monsteren, Roboteren, Alien, Hexen a Geeschter? An du fäerts net? Da brauchs du dëst Buch! Et ass e risege Spaass, well du kanns lauter eege Kreature molen. Mat denge Fanger an an deene Faarwen, an deenen s du wëlls. Einfach superflott!

**Fiona Watt (Text)**
**Candice Whatmore (Illustratiounen)**
**Fanger-Stempelen: Monsteren**
**Mat 7 Stempelkëssen!**
**ISBN 978-2-919781-35-5**
**64 Säiten • 16 €**








■ Du bass frou mam Mier? Hues Fësch a Kriibsen an Deckelsmouke gär? An dir gefalen och Séipäerdercher, Tëntefësch a Schëffer? Dann ass dat heite Buch genee dat richtegt fir dech. Virausgesat, du schaffs och gäre mat denge Fanger, well déi brauchs de, fir dëst Buch fäerdeg ze maachen: fir dem Séistär Punkten ze ginn, fir d'Pinguinen am Waasser schwammen ze loossen a fir d'Muschele méi schéin ze maachen. En Heedespaass!

**Erschéngt am Mäerz 2024**


**NEI**

**Fiona Watt (Text)**
**Candice Whatmore (Illustratiounen)**
**Fanger-Stempelen: Am Mier**
Mat 7 Stempelkëssen!
**ISBN 978-2-919781-61-4**
**64 Säiten • 16 €**

NEI

# Kreativ sinn a sech druginn

De Mike wëll eng Geschicht erfannen. Et gëtt just ee Problem: E weess net, wéi ufänken. Mat e bëssen Hëllef vu senger Famill a mat senger ganz grousser Fantasie kënnt seng Geschicht awer séier an d'Gäng. Stéingen him nëmme säi klenge Brudder a seng kleng Schwëster net stänneg an de Féiss. De Mike sicht e Wee, fir seng Geschicht op en Enn ze bréngen. Vläicht léiert en dobäi och, wéi e se kann deelen.




En herrlecht Buch iwwer Kreativitéit, Zesummeliewen an Zesummenerliewen – vun den Autorinne vu »Wéi een e Reebou fänkt« (dat bannent engem Joer vergraff war an nach just an eenzele Librairien an a Bibliothéiken ze kréien ass). Grad ewéi am Reebou-Buch esou gräift och am Geschichte-Buch e Kand Aflëss vu senger direkter Ëmwelt op a léisst se a säi Schafensprozess afléissen. Eng Story op zwee Niveauen, mat esou ville flotten Detailer, einfach fir ze genéissen!

Déi englesch Originalversioun »How to Make a Story« gouf fir d'éischt publizéiert vun Oxford University Press, Oxford 2023. Copyright vun der lëtzebuergescher Iwwersetzung: Kremart Edition S.à r.l., Lëtzebuerg 2023.




**Vu 4–5 Joer un**

**Naomi Jones (Text)**
**Ana Gomez (Illustratiounen)**

**Wéi een eng Geschicht erfënnt**


**ISBN 978-2-919781-43-0**
**32 Säiten • 18 €**

## Wou kritt een d'Bicher vu Kremart?

Dir fannt eis Bicher an de Lëtzebuerger Librairien,
kënnt se beim Verlag (kontakt@kremart.lu) bestellen
a bequeem per Virement oder Payconiq (621 71 09 29) bezuelen
a kritt se dann och ouni Portokäschten heemgeschéckt
an natierlech kritt Dir eis Bicher och online op letzshop.lu ze kafen.

LETZSHOP
LOKAL ASS EIS NET EGAL

# Dat éischt lëtzebuergescht Kannerbuch mat AR



De Sandmännche geet a seng wuelverdéngte Pensioun. Seng Duechter, d'Sandmeedchen, iwwerhëlt de Betrib a street elo all Owend de Kanner op der ganzer Welt Sand an d'Aen. Esou kënne se gutt schlofen a schéin dreemen. Mee dem Sandmeedche seng Kusin, d'Nuecht, ass traureg a fillt sech eleng. Wa si owes kënnt, leien d'Kanner ëmmer scho laang am Bett. Wéi wier et, wann d'Nuecht einfach dem Sandmeedche seng Posch mam Sand géif verstoppen? Op der Sich no de Kanner hire verschwonnenen Dreem muss d'Sandmeedchen iwwer d'Wolleke reesen …

D'Sandmeedchen ass dat éischt lëtzebuergescht AR-Kannerbuch. AR steet fir Augmented Reality, also fir erweidert Realitéit. Fir d'Biller lieweg ze maachen, brauch de Lieser eng App.

**Vu 4 Joer un**




**Yorick Schmit (Text), Dirk Kesseler (Illustratiounen an Animatiounen), Virtual Rangers (erweidert Realitéit)**
**D'Sandmeedchen**
**Eng Posch voller Dreem**
**ISBN 978-99959-665-8-4**
**32 Säiten • 24,90 €**


Editeur: Rotondes a.s.b.l.
Co-Editeur: Kremart Edition S.à r.l.

# Freed an Zefriddenheet

**2. Oplo**

De Fuuss huet net genuch Plaz a sengem Bau. Do begéint en dem Schleek, dee säi klengt Haus iwwerall matschleeft. Zesumme maachen déi zwee en Tour duerch de Bësch an iwwer d'Gewan. Dobäi gesäit de Fuuss, wéi gutt kleng a grouss, lues a séier, ängschtlech a geféierlech Déiere sech zesummen ameséieren a léiert dobäi, datt hie kee Grond huet, d'Flemm ze hunn.

»A wann …?« ass dat éischt Buch fir Kanner vum Jil Winandy. Et erzielt d'Geschicht vun Usprécht, déi wuel jiddereen u sech selwer huet. Virun allem awer weist hei de gewëtzte Schleek dem traurege Fuuss, datt en am Fong alles huet, wat e brauch.




**Vu 4 Joer un**

**Jil Winandy**
**A wann …?**
**D'Geschicht vum Fuuss a vum Schleek**
**ISBN 978-2-919781-32-4**
**32 Säiten • 22 €**



# Laang Strécher a kuerz Texter

D'Lynn ass eng Linn.
D'Lynn kann alles sinn:
riicht, ronn oder eckeg,
liicht, kromm oder geckeg.

Mol geet d'Linn erop,
mol rennt se an d'Déift,
mol steet s'op der Kopp,
mol ass se verléift.

D'Lynn ass ëmmer do,
ni d'selwecht wéi lo.
D'Lynn wëll alles fierwen.
D'Lynn ass d'Liewen.

■ D'LINN LYNN handelt vun de Méiglechkeete vun engem Stréch. 't geet ëm Formen, Faarwen a Gefiller. Den Tom Schartz huet déi minimalistesch Geschicht vum Luc Marteling illustréiert. Mol douce, mol graff, ma ëmmer pointéiert. Entstanen ass eng Parabel op d'Liewe fir kleng a fir grouss Kanner.



Lëtzebuerger Buchpräis 2017: Spezialpräis Design

**Luc Marteling an Tom Schartz**
**D'Linn Lynn**
**ISBN 978-99959-39-33-5**
**32 Säiten • 22 €**




# Memo-Spill: Sichen am Weltall

■ Sich de Bee-Fësch, de Ramm-Ramm, d'Véier-Déier an all déi aner geckeg Awunner vum Planéit Schlabber-Bing: »SichMech an der Béchs« ass e klassescht Memo-Spill, dat ee mat zwou oder dräi Sich-Kaarte spille kann. Et gëtt 24 Motiver, also 72 Kaarten am Ganzen, alles an enger Béchs.







Aktiounspräis: 5 €




**Lara Marteling**
**SichMech an der Béchs »Weltall-Zoo«**
**Memo-Spill**
**3 × 24 Motivkaarten**



## D'Bicher zum Spill

D'Memo-Spill »SichMech an der Béchs: Weltall-Zoo« baséiert op dem Buch »Weltall-Zoo: Rees op e Planéit mat onbekannten Déieren« vum Lara Marteling, dat bei BoD op Lëtzebuergesch (ISBN 978-3-84826-085-0) an op Däitsch (ISBN 978-3-73223-507-0) erauskomm ass. Jeeweils 60 Säite fir 15,90 €. Ze kréie bei Amazon, op bod.de a bei Kremart Edition.

# »So mol, Lobo«


**mat Illustratioune vum Vincent Biwer**




**Lëtzebuerger Buchpräis 2019: Kategorie Kannerbuch**

■ »Firwat ass den Himmel haut net blo?«

»Wéi vill Stécker Schockela sinn am Schockelasbotter?«



De Lobo gëtt keng Rou: Hie wëll ëmmer alles wëssen an huet ëmmer Froen. Mä keen hëlt sech Zäit, fir him eng Äntwert ze ginn.

»Wa kee mir nolauschtert, da muss ech och net méi schwätzen«, denkt de Lobo fir sech an hält duerno einfach de Mond, bis e seng nei Nopesch Lola kenneléiert.


»So mol, Lobo!« ass eng Geschicht iwwer d'Schwätzen. An doriwwer, wéi wichteg et ass, mateneen ze schwätzen a sech eppes ze soen.

**Christiane Kremer a Vincent Biwer**
**So mol, Lobo!**
**ISBN 978-99959-39-92-2**
**32 Säiten • 20 €**

# »Mammendag«

**mat Illustratioune vum Anne Mélan**

■ Et ass geschwë Mammendag. D'Sarah wëll senger Mamma, mat där hatt eleng wunnt, onbedéngt e ganz besonnesche Cadeau maachen. D'Sarah freet säi beschte Frënd Joey ëm Hëllef. Dee wunnt mat sengen zwee Pappen net wäit ewech.






An hirer Famill ass ëmmer gutt Laun a si kënnen dem Sarah bestëmmt hëllefen …

D'Buch »Mammendag – Dem Sarah seng Sich nom richtege Cadeau« ass eng besonnesch Geschicht iwwer e besonnesche Cadeau, awer och iwwer besonnesch Wäerter wéi Respekt, Léift an Toleranz an enger Welt, déi sech verännert an nei Chancë vun Zesummeliewen a Familljegléck bitt.

**Christiane Kremer an Anne Mélan**
**Mammendag – Dem Sarah seng Sich nom richtege Cadeau**
**ISBN 978-99959-830-0-0**
**40 Säiten • 15 €**

**Vu 5–6 Joer un**

**Vun 3 Joer un**

# Virum Aschlofen: Kuscheldéiere verdeelen!

Wann d'Déierekanner midd ginn
an ënnerwee fir an d'Bett sinn,
da brauche si hiert Kuscheldéier,
réischt da schlofe se ganz séier.

Kanns du der Kaz an der Kou, dem Schwäin an dem Schof an dem Jippelchen hëllefen, datt si hiert Kuscheldéier hunn a gutt schlofe kënnen? E Buch, dat frou mécht, perfekt virum Schlofegoen. Gutt Nuecht!




**Bernd Penners an Henning Löhlein**
**Kuschel, Kussi a gutt Nuecht**
Mat 5 Kuscheldéier-Stickeren
**ISBN 978-99959-39-83-0**
**14 Säiten • 12 €**


# Keng Angscht viru Bréller!





Dee klenge Bier brauch e Bréll. Mä de Bréll vum Hond ass him ze faarweg an dee vun der Maus gesäit ganz butzeg aus. Dofir weess de Bier: »Ech muss en eegene Bréll kréien!« Hëllefs du dem Bier, dee richtege Bréll ze fannen?

Déi fënnef lëschteg Bréller am Buch kënnen einfach opgepecht an nees erausgeholl ginn. D'Spill-Bréller pechen op glaten Uewerflächen a sollte si emol voller Fuseme sinn, einfach duuss mat kalem Waasser ofwäschen, duerno peche se nees.









**Bernd Penners a Christine Faust**
**Dee klenge Bier brauch e Bréll**
Mat fënnef lëschtege Spill-Bréller
**ISBN 978-99959-39-94-6**
**14 Säiten • 12 €**

# Vu Mäerz 2024 un endlech nees ze kréien!

**4. Oplo**

■ E Bobbo, eng Schréips, eng Pick, déi och nach wéidinn? Mat dësem Buch ass dat kee Problem méi! »Blosen, tréischten, Plooschter drop« … a scho sinn all d'Déieren nees gesond a monter a loosse sech nei Topegkeeten afalen: de Mupp, den Af, d'Schof, den Elefant an de Bier!

De Clou: D'Buch huet fest Säiten an et si 5 Spill-Plooschteren dran integréiert, déi d'Kanner op d'Boboe vun den Déiere kënne pechen. Eent pecht direkt um Cover, dofir ass eng Schutzfolie drëm! An d'Plooschtere kann een esou dacks benotzen, wéi ee wëll. Mat Waasser si se einfach propper ze halen a bleiwen dann och nees gutt pechen. Huet ee se bis een oder zwee Mol lassgemaach, geet dat ganz liicht!


Am Original vum Henning Löhlein a Bernd Penners bei Ravensburger, vum Christiane Kremer fir Kremart op Lëtzebuergesch iwwersat war d'Buch direkt e mega Succès: 2024 kënnt ewell déi 4. Oplo eraus!




**Bernd Penners an Henning Löhlein**
**Blosen, tréischten, Plooschter drop**
Mat fënnef faarwege Spill-Plooschteren
**ISBN 978-99959-39-34-2**
**16 Säiten, 16 €**

# Dee klenge wäisse Fësch lauschtert Waassermusek

**Vun 2 Joer un**




■ Dee klenge wäisse Fësch ass grad gutt gelaunt opgestanen. Hie séngt e lëschtegt »Ech si lo waakreg«-Lidd. All seng Frënn maache Musek. Op eemol héiert dee klenge wäisse Fësch ganz wonnerbar Kläng. Mä wou kommen déi hier?

E geckegt Musekbuch fir kleng Fësch a grouss Musekfrënn vun zwee Joer un.

**Guido Van Genechten**
**Dee klenge wäisse Fësch lauschtert Waassermusek**
**ISBN 978-99959-39-74-8**
**16 Säiten · 20 €**

MAT GERÄISCHER

# E lëschtegt Spillbuch fir kleng Déierefrënn

Vun 3 Joer un

■ D'Déieren hunn de géien Honger: d'Giraff, den Elefant, den Af, d'Krokodil an de Bier. Kanns du hinnen hëllefen a se fidderen?

Mee wien ësst wat? Einfach de Jeton mam richtegen Iessen drop eraussichen, duerch eng extra Spléck an d'Buch ageheien a kucken, wéi sech d'Bäich vun den Déiere fëllen.

Kuerz Reimen erziele butzeg Geschichten a fuerderen d'Kanner op matzemaachen. Dat fërdert hir Konzentratioun, hir Kreativitéit an hir Feinmotorik.





**Bernd Penners an Henning Löhlein**
**Wie fiddert mech?**
Mat 5 Iess-Jetone fir anzegeheien
**ISBN 978-2-919781-39-3**
**12 Säiten • 16 €**









Vun 3–4 Joer un

# Faarweg, praktesch, informativ

Wat? Wéi? Wou? Mäi Biller-Lexikon – Esou heescht dës Serie vu Vivi Kremart, déi de jonke Lieser Wierder a Wësse vermëttelt. An dat op eng spilleresch Aart a Weis:

- mat groussen an eendeitege Biller,
- mat kuerzen an einfachen Texter,
- mat feste Säiten a mat Spiralbindung
- a mat e sëllege stabille Klappen, déi fir vill Liesfreed suergen.

Anne Möller

**Wat? Wéi? Wou? Mäi Biller-Lexikon: Wou d'Déiere wunnen**

ISBN 978-2-919781-34-8

16 Säiten • 12 €







Doris Rübel

**Wat? Wéi? Wou? Mäi Biller-Lexikon: Wat iesse mir?**

ISBN 978-2-919781-49-2

16 Säiten • 14 €

**Erschéngt am Summer 2024**


Doris Rübel

**Wat? Wéi? Wou? Mäi Biller-Lexikon: Fäertereg, rosen, frou sinn**

ISBN 978-2-919781-66-9

16 Säiten • 16 €




NEI

**Erschéngt am Hierscht 2024**

Angela Weinhold

**Wat? Wéi? Wou? Mäi Biller-Lexikon: D'Dinosaurier**

ISBN 978-2-919781-67-6

16 Säiten • 16 €

# Wann ech e Buch wier …

Fir hiren 10. Geburtsdag huet d'Ettelbrécker Bibliothéik zesumme mat Kremart Edition e Buch iwwer Bicher an déi domat verbonne Méiglechkeeten erausbruecht. »Wann ech e Buch wier« ass en Hommage un d'Magie vum Buch: poetesch a voller Fantasie.

Den André Letria, en international gefeierten Illustrateur an Artist aus Portugal, huet déi prägnant Texter vu sengem Papp, dem Auteur, Dramatiker a Journalist José Jorge Letria, illustréiert – eng Freed fir jiddereen, dee frou mat Bicher ass.

D'Buch ass op Lëtzebuergesch, ma de portugiseschen Originaltext ass och dran. Eng herrlech Virlag, fir och a Schoulen domat ze schaffen …

**José Jorge Letria an André Letria**
**Wann ech e Buch wier**
Portugiseschen Titel: Se Eu Fosse Um Livro
Iwwersetzung: Christiane Grün a Cristina Théato-Nunes
**ISBN 978-99959-39-90-8**
**60 Säiten • 14,90 €**




**Op Lëtzebuergesch an op Portugisesch!**






# Nach eng Geschicht virum Schlofegoen? Eng kleng, geckeg, superflott!

All Owend wëllen d'Meedercher eng Geschicht erzielt kréien. D'Marion erfënnt dofir ganz geckeg Erzielungen, an där si d'Heldinne sinn. »Nach eng! Nach eng Geschicht!«, ruffe si dann. »Nach eng kleng Geschicht an da séier an d'Bett!«, seet d'Marion. Kuerz a flott: dräi geckeg Geschichte virum Schlofegoen!

**Vun 3 Joer un**

**Marion Gandon a Laurent Simon**
**Nach eng kleng Geschicht … an da séier an d'Bett!**
**ISBN 978-99959-39-91-5**
**80 Säiten • 15 €**




# Dräi herrlech Bicher vum Anita Bijsterbosch!


**Vun 3 Joer un**

■ An dësem Buch weisen d'Déieren aus dem Bësch just hire Schwanz: Déi eng hunn e muussegen, déi aner e butzegen an nees anerer e stuppegen … Réits du, wéi e Schwanz zu wéi engem Déier gehéiert? A wou den Déieren hir Kleng liewen? Fann et eraus, andeems de d'Säiten opklapps!

**Anita Bijsterbosch**
**Wat luusst dann do eraus?**
**ISBN 978-2-919781-27-0**
**16 Säiten • 12,95 €**




**Mat Säite fir opzeklappen**





**Mat hallwe Säiten**

■ Déi jonk Déieren an dësem Buch dreemen all vun der Zukunft, vun deene Saachen, déi se maachen, wa se grouss sinn. A wat fir grouss Dreem se all hunn! De Léiw, den Tukan, d'Schlaang, den Elefant an nach aner Déiere verroden Iech, wat si maachen, wa si grouss a staark sinn. Fir jiddereen, deen och grouss a staark wëll ginn!

**Anita Bijsterbosch**
**Wann ech grouss sinn …**
**ISBN 978-99959-39-72-4**
**26 Säiten • 12,95 €**

■ D'Mamma Chamäleon an dee klenge Chamäleon spille Stoppches. Dee klenge Chamäleon spillt dat immens gär. Hie kennt e puer extra Tricken, fir sech ze verstoppen. Kanns du hëllefen, dee klenge Chamäleon ze fannen?

**Anita Bijsterbosch**
**Guckuck, klenge Chamäleon**
**ISBN 978-99959-39-73-1**
**18 Säiten aus Kartong • 14,95 €**




**Mat Säiten aus Kartong**

# Déi kleng Prinzessin … op Lëtzebuergesch

**Vun 3 Joer un**

1986 huet den Tony Ross déi éischt Geschicht vu senger klenger Prinzessin erausbruecht. Déi ass véier Joer al a wunnt mat hiren Elteren a mam ganzen Haff an engem Schlass. Fir hiren 30. Gebuertsdag 2016 huet d'Christiane Kremer der klenger Knätzel Lëtzebuergesch bäibruecht. Antëscht huet si scho vill erlieft!

## Ech wëll net an d'Bett!




Déi kleng Prinzessin wëll net an d'Bett. Nodeems se schonn e puer Mol opgestanen ass, ginn de Kinnek an d'Kinnigin streng an d'Prinzessin geet schlofen. Mä wéi de Kinnek nach eemol kucke geet, fir gutt Nuecht ze soen, ass d'Bett erëm eidel! Wou kann déi kleng Prinzessin nëmme sinn?

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll net an d'Bett!**
**ISBN 978-99959-39-61-8**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Mir ass et schlecht!




Déi kleng Prinzessin ass ni krank, et sief, et freet ee si, fir eppes ze maachen: Si ass ze krank, fir mam Mupp spadséieren ze goen, a si ass nach vill méi krank, wann et heescht, an d'Schoul goen. Mä wa si op eng Party invitéiert gëtt, geet et hir séier erëm besser. Oder net?

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Mir ass et schlecht!**
**ISBN 978-99959-39-62-5**
**26 Säiten • 12,95 €**

## Ech maachen dat selwer!




Déi kleng Zatz wëll alles selwer maachen a sech guer net hëllefe loossen – ma heemlech paken déi Grouss dann awer eng Hand mat un, well soss géing nach vill méi schif goe beim Campéieren!

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech maachen dat selwer!**
**ISBN 978-99959-39-64-9**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Ech hätt och gär Frënn!




Déi kleng Prinzessin hätt gär e richtege Frënd. D'Kinnigin mengt, datt déi kleng Prinzessin an der Schoul lauter Frënn fënnt. Mä ass dat wierklech esou einfach?

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech hätt och gär Frënn!**
**ISBN 978-99959-39-67-0**
**30 Säiten • 12,95 €**


## Ech war dat net!




Ronderëm d'Schlass geschéie lauter komesch Saachen a jidderee mengt, et wier déi kleng Prinzessin gewiescht. Do ka si nach esou haart jäizen, »Ech war dat net!«, kee gleeft hir dat. Rose geet déi kleng Prinzessin sech verstoppen. Si klëmmt op hire Motz-Bam a fënnt eraus, wien et wierklech war … Eng léif Geschicht iwwer Schold an Onschold.

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech war dat net!**
**ISBN 978-99959-39-66-3**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Ech wëll d'Luucht un!




»Ech fäerte guer net sou vill am Däischteren! Ech fäerte méi d'Geeschter«, seet déi kleng Prinzessin, déi onbedéngt wëll mat der Luucht u schlofen! Jidderee seet hir zwar, et géif näischt esou eppes wéi Geeschter ginn, mä wat verstoppt sech dann do ënnert dem Bett? Eng super Geschicht mat enger genialer Pointe!

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll d'Luucht un!**
**ISBN 978-99959-39-65-6**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Ech wëll mäi Papp!




Déi kleng Prinzessin ass jalous. All déi aner Pappe gi mat hire Kanner op flott Entdeckungsreesen, just hire Papp, dee verleeft sech schonn, wann e soll a säi Bett goen. Firwat kann ee mat him näischt Spannendes ënnerhuelen?

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll mäi Papp!**
**ISBN 978-99959-39-98-4**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Ech wëll en Hues!




Déi kleng Prinzessin wëll onbedéngt en Hues, sou ee wéi hir Frëndin Petronella een huet. Näischt anescht kënnt a Fro: kee Goldfësch, kee Krabbeldéier an och keng Kaz. Mä och Prinzessinne kënnen hir Meenung änneren …

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll en Hues!**
**ISBN 978-99959-39-69-4**
**28 Säiten • 12,95 €**

## Ech wëll eng Gutt-Nuecht-Geschicht!



All Nuecht erzielt de Kinnek der klenger Prinzessin eng Gutt-Nuecht-Geschicht. Mä well hien op enger Rees ass, ass elo keen do, deen hir eng Geschicht ziele kann, déi sou gutt ass, wéi dem Pappa seng … an dofir kann déi kleng Prinzessin NET aschlofen.

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll eng Gutt-Nuecht-Geschicht!**
**ISBN 978-99959-39-68-7**
**30 Säiten, 12,95 Euro**

# Esou flott war zielen nach ni!





■ Bss, bsss, bssss. Wat ass dat? Gesäis de eng Bei,déi summt? An zwee Fräschen, déi sprangen? An dräi Fësch, déi am Waasser schwammen? A véier …

Hief eng Klapp no där anerer op, fir all d'Déieren ze fannen, a léier esou ganz einfach zielen: vun eent bis zéng an dann hannerzeg bis null. Mat senge ville Klappen ass dëst Buch e rise Spaass!

**Felicity Brooks (Text)**
**Magali Mansilla (Illustratiounen)**
**Ziel bis zéng … an hannerzeg bis null**
**978-2-919781-36-2**
**16 Säiten • 18 €**

# Mat méi wéi 300 Pirate-Stickeren!


**Vun 3–4 Joer un**




■ Wéi eng Pirate gouf et? Wou hu se geraibert? Wéi hu se gelieft? A wéi huet et op hire Schëffer ausgesinn? An dësem groussen, dënne Buch sinn iwwer 300 Stickeren, fir anzepechen oder fir selwer Biller ze maachen. Symboler hëllefen, déi richteg Säite fir d'Stickeren ze fannen.

D'Heft ass en Extraband aus der Serie »Wat? Wéi? Wou?«, an deem ee vill Interessantes a vill Wëssenswäertes iwwer d'Pirate gewuer gëtt!

**Anne Bernhardi**
**Wat? Wéi? Wou? Piraten: E Stickerbuch**
**ISBN 978-2-919781-29-4**
**24 Säiten mat an der Mëtt 8 Säite voller Stickeren · 8 €**







# Zwee herrlech Kannerbicher mat ville Klappe vum Guido Van Genechten




## Flott Hëllef beim Potti-Training!

D'Maus ass immens virwëtzeg. Iwwerall wëll se eraluussen, souguer an d'Lompe vun hire Frënn. Den Hues, d'Geess, de Mupp, d'Kou, d'Päerd an d'Schwéngche kréien een nom aneren hir Lomp ënnersicht ...

Duerno wëllen d'Frënn natierlech och gewuer ginn, wat an der Maus hirer Lomp ass. Ma do dra verstoppt sech eng déck Iwwerraschung!

En häerzegt Billerbuch mat witzegen Opklapp-Wëndelen iwwer de Virwëtz vun enger klenger Maus ... an eng flott Hëllef beim Potti-Training!

**Guido Van Genechten**
**Däerf ech an deng Lomp luussen?**
**ISBN 978-99959-39-75-5**
**14,95 €**

**Vun 2 Joer un**

## Flott Hëllef beim Aschlofen!

D'Maischen ass nach eemol esou virwëtzeg wéi d'anert Mol: Haut wëll se erausfannen, wat hir Frënn maachen, fir gutt ze schlofen. Se freet d'Daifchen, de klengen Elefant, de klenge Koala, d'Fierkelchen, d'Scheefchen an de klenge Mupp no hiren Aschlof-Tricken a luusst ënnert hiren Diwwi. Wat se do drënner net alles verstoppen!

Duerno froen hir Frënn natierlech och d'Maischen, wéi si am beschten aschléift.

En häerzegt Billerbuch mat witzegen Opklapp-Diwwien iwwer d'Zeremonie vum Schlofegoen an iwwer ënnerschiddlech Bettritualer ... an eng perfekt Hëllef beim Aschlofen.

**Guido Van Genechten**
**Däerf ech an däi Bett luussen?**
**ISBN 978-2-919781-42-3**
**14,95 €**



# Elefantastesch! Den Elmar huet Lëtzebuergesch geléiert


Grousst Format! 30 Säiten. Nëmmen 12,95 €


Esou faarweg wéi den Elefant, esou flott si seng Geschichten: Ëmmer nees geréit den Elmar a quokeleg Situatiounen an ëmmer nees fënnt de gewëtzten Elefant e gudden Auswee. De Luc Marteling huet dem David McKee sengem Elmar Lëtzebuergesch bäibruecht.

Vu 4 Joer un


E Buch wéi en Elefant, mat Säiten aus Kartong, perfekt fir den Elmar kennen ze léieren.

**David McKee**
**Mäin Elmar**
**ISBN 978-99959-39-39-7**
**12 Säiten aus Kartong • 12 €**






ISBN 978-99959-830-7-9





ISBN 978-99959-39-25-0





ISBN 978-99959-39-26-7





ISBN 978-99959-39-88-5





ISBN 978-99959-39-27-4





ISBN 978-99959-39-86-1





ISBN 978-99959-39-85-4




ISBN 978-99959-39-87-8




ISBN 978-99959-39-24-3





ISBN 978-99959-39-28-1




ISBN 978-99959-39-89-2




ISBN 978-2-919781-25-6




ISBN 978-2-919781-47-8


# Wéi op Schinnen: Hei kënnt e Bestseller gefuer!

D'Buch mam Zuch ass nees do – mat sengen décke Säiten, mat engem Schinne-Puzzle a mat enger klenger, rouder Lokomotiv.

Wéi »D'Buch mam Zuch« 2015 fir d'éischt op Lëtzebuergesch erauskomm ass, war et eng kleng Sensatioun: Et war e richtegt »Spill-Buch«, dat en Heedespaass versprach huet. Deementspriechend séier waren déi 1. an déi 2. Oplo vergraff ...

Elo ass d'Zuchbuch nees do! E Buch aus décke Säiten, doran integréiert e Schinne-Puzzle an eng flénk Lokomotiv. De Clou: Déi véier Theemebunne kann een eraushuelen a wéi e Puzzle zesummesetzen, dann entsteet eng Panoramapist vun 160 cm.

An der Stad an iwwer Land, an de Bierger an a Muséeën: Zich fueren iwwerall an op esou eng Rees mat vill Informatioun an Ofwiesselung hëlt »D'Buch mam Zuch« déi jonk Lieserinnen a Lieser mat. Si kënnen d'Lokomotiv, déi beim Buch derbäi ass, opzéien an duerch véier verschidde Landschafte jauwe loossen – mat kuerzen Texter op Lëtzebuergesch.




*»D'Buch mam Zuch« ass iwwregens dat éischt Buch vu »Vivi Kremart«, dem Label fir »Spill-Bicher« a Spiller vu Kremart Edition.*

**D'Buch mam Zuch**
**ISBN 978-99959-39-30-4**
**4 Bunne mat Lokomotiv • 24,50 €**

**3. Oplo**



# Super flott Geschichte vun engem Fräsch, engem Schusch an engem Kueb

## E Fräsch, deen danzt

2. Oplo



■ De Kuakerino ass e gléckleche Fräsch, bis eemol e puer Libelle bei sengem Dëmpel stallhalen, fir do ze danzen. Et ass einfach ze schéin, wéi si am Liicht glënneren an duerch d'Loft schwiewen. Fir de Kuakerino steet fest: Hie wëll och danze léieren! Ma d'Libelle maache just de Spunnes mat him: Danze mat esou engem mockelege Bauch an esou bossege Knéien? Awer de Kuakerino gëtt net op, hien trainéiert an trainéiert …

E lëschtegt Billerbuch, dat weist, wéi ee mat Courage an engem staarke Wëllen iwwer sech eraussprange kann.

**Anja Ackermann, Stefanie Reich**
**De Kuakerino – E Fräsch wëll an de Ballet**
**ISBN 978-99959-39-96-0**
**28 Säiten • 12,99 €**

## E Kueb, dee séngt

2. Oplo





■ De Kuiitsch ass net wéi déi aner Kueben aus senger Famill. Seng Bridder Kuatsch a Kuätsch léiere fléien a maache grouss Ausflich, wéi et sech fir Kuebekanner gehéiert. De Kuiitsch awer, dee bleift léiwer doheem am Nascht a kuckt hinne vu Wäitem no. Seng Eltere maache sech vill Suergen: Wat soll nëmmen aus deem klenge Kueb ginn? Um Enn weist de Kuiitsch awer jidderengem, wat hie kann. Hien huet nämlech en extrat Talent … well fléie kann dach schliisslech all Kueb!

D'Geschicht mécht Courage, well se weist, datt een u sech soll gleewen a sech och soll trauen.

**Manfred Mai, Henning Löhlein**
**De Kueb Kuiitsch traut sech!**
**ISBN 978-99959-39-06-9**
**32 Säiten • 12,99 €**

Vun 5–6 Joer un

## En Déier, dat Schusch heescht




■ De räiche Bier keeft sech eng schick Hiel an de Knubberdulles-Bierger. Awer hien traut sengen neien Noperen net: Déi wëlle sécher seng Sue klauen! Vläicht ass et besser, hie schützt sech mat Gitteren a Maueren. De Bier verbarrikadéiert sech ëmmer méi. Ma du kënnt de Schusch laanscht an dee wonnert sech, firwat de Bier an engem Prisong sëtzt …

Nom Succès vum Buch »De Schudder-Schusch« (leider vergraff) hei eng nei Geschicht, déi sech fir en oppent Zesummeliewe staark mécht.

**SaBine Büchner, Charlotte Habersack**
**De Schusch an de Bier**
**ISBN 978-99959-39-97-7**
**28 Säiten • 12,99 €**

Vu 4–5 Joer un

2. Oplo

# Eise léifste Geescht

■ D'Geschicht vun engem klenge Geescht, deen einfach anescht ass, nämlech rosa, léif an och e bësse fäertereg.

Den Auteur Guido Van Genechten seet iwwer seng Geschicht: »Viru laanger Zäit, wéi ech mat mengen Elteren a Schottland an der Vakanz war, sinn ech an engem ale Schlass dem Gubi begéint. Hien huet mir seng Geschicht erzielt, déi ech bis haut net vergiess hunn.«

Entstanen ass wierklech en häerzegt Billerbuch iwwer e ganz speziellen a ganz léiwe Geescht.




**Guido Van Genechten**
**De Geescht Gubi**
**ISBN 978-2-919781-26-3**
**26 Säiten • 16 €**



# Wanterdreem aus Konscht a Poesie

■ **D'Schnéiflack** ass eng ganz Zäitchen op hirer Wollek matgereest. Lo wëll si gär erofschwiewen an op enger schéiner Plaz leie bleiwen.

**D'Faarfdrëps** huet laang Zäit an engem Töntefaass gewunnt. Elo wëll si endlech eraus an an engem schéine Bild landen. Mä d'Liewen huet eppes ganz anescht mat hinne vir …


D'Christiane Kremer huet dëst modernt italieenescht Märchen op Lëtzebuergesch iwwersat – et ass en »Dréibuch«, dat vu vir a vun hannen ze liesen ass: Déi eng Säit erzielt, wat d'Faarfdrëps erlieft, déi aner Säit, wat d'Schnéiflack erlieft. An an der Mëtt begéine sech déi schwaarz Drëps an déi wäiss Flack an dann entsteet eppes ganz Faarweges!

*Geschriwwe vum Pierdomenico Bacchalario an Alessandro Gatti, illustréiert vum Simona Mulazzani, déi dofir mam italieeneschen Andersen-Award geéiert gouf.*

**D'Geschicht vun der Faarfdrëps an der Schnéiflack**
**ISBN 978-99959-39-07-6**
**52 Säiten • 22 €**








Fir kleng Hexemeeschteren an Hexemeeschteschen

2024

# En zauberhaften Adventskalenner

## Mat Waasser verwandels du schwaarz-wäiss Virlagen a faarweg Chrëschtmotiver








Hanner all Dier verstoppt sech e Bichelche mat herrleche Molvirlagen: Elfen, Stären, Renndéieren, Spiller am Schnéi, Chrëschtbeem … Hanner der éischter Dier stécht och e Pinsel: Zapp deen an d’Waasser a scho kanns de deng Biller faarweg molen – just mat Waasser, einfach magesch! En Tëscheblat verhënnert, datt s de méi Motiver op eemol mools. Lo ka Chrëschtdag kommen!

Vun Oktober 2024 un: Elo scho virbestellen!

**ISBN 978-2-919781-70-6**
**27 €**

vivi KREMART


# 24 Geschichten op Lëtzebuergesch




24 Diererchер mat 24 Bichelcher: Vum *Aladin* iwwer *d'Dschungelbuch* bis bei de *Pinocchio*, vum *Nëssknacker* iwwer *d'Chrëschtgeschicht* bis bei *Zwielef Deeg Chrëschtdag:* 24 herrlech illustréiert Geschichte verstoppe sech hanner den Diere vum rouden Adventskalenner mat Kannerbicher, dee Kremart 2022 fir déi éischte Kéier erausbruecht huet – zesumme mam englesche Verlag Usborne.
De Feedback war immens positiv!

**De rouden Adventskalenner mat Kannerbicher**

24 Märercher op Lëtzebuergesch
Vivi Kremart
**ISBN 978-2-919784-60-7**
**27 €**




vivi KREMART

# 24 aner Geschichten op Lëtzebuergesch




*D'Belle an d'Béischt, De Feiervugel, Den Draache-Moler, Den Zënn-Zaldot, Jingle Bells* an *Eng Chrëschtgeschicht:* Hannert de 24 Diere vum bloen Adventskalenner verstoppe sech natierlech aner Geschichte wéi am rouden. D'Format vu béide Kalenneren ass awer identesch: 42 cm héich, 30 cm breet an 1.300 Gramm schwéier. Mat lauter superflotte Geschichten, besonnesch fir am Dezember, awer och fir d'ganzt Joer!

**De bloen Adventskalenner mat Kannerbicher**
24 aner Märercher op Lëtzebuergesch
Vivi Kremart
**ISBN 978-2-919781-50-8**
**27 €**



vivi KREMART

# Smart Kremart

Scho méi wéi 36.000 Exemplairë verkaf. Merci!

**36 Säiten**
**2,99 €**



# Smart Kassett

## Déi 20 Kuerzgeschichte beieneen

■ Déi 20 Smart-Bicher gëtt et och all zesummen an enger wäisser oder schwaarzer Këscht fir 59,80 € (20 × 2,99). Dir wëllt en eidele Schuber fir Är Sammlung? Frot an Ärer Librairie oder direkt beim Verlag no! (Et gëtt se gratis, esoulaang der do sinn.)






## Smart Kremart

# D’Kuerzgeschichten am Kuerzportrait

**36 Säiten**
**2,99 €**




D’Christiane Kremer hëlt Iech a sengem **Wierdermoler** mat op e Spadséiergank an e Park, wou Dir d’Sonndesjoggerin an de Laptopmann kenne léiert. Eng wonnerbar duuss Libesgeschicht mat oppenem Schluss mécht den Optakt vun der Smart-Serie.

**Christiane Kremer: De Wierdermoler**
**ISBN 978-99959-830-1-7**




D’Claude Schiltz erzielt am **Schnéihues** mat vill Selbstironie vu senger éischter Schivakanz, déi een eenzege Fiasko war: »Eppes ass sécher, ech si kee Schnéihues a wäert an dësem Liewen och kee méi ginn.« Ob d’Schier hirer Léift am Wee stoungen?

**Claude Schiltz: De Schnéihues**
**ISBN 978-99959-830-2-4**




D’Vesna Andonovic schéckt de Lieser am **Zëmmer Nummer fënnef** op e psychedelesch-intellektuellen Tripp op enger Aachterbunn mat Fibonacci-Arrêten. D’Autorin selwer dréckt et esou aus: »Den Herrgott, ech an e Fuerz, dee queesch sëtzt. Tréischt Dech, ech hunn och nach net verstan, wéi all déi Saachen zesummenhänken.«

**Vesna Andonovic: Zëmmer Nummer fënnef**
**ISBN 978-99959-830-3-1**




D’Diane Neises stellt Iech a **Weidermerciäddinächsten** d’Cappelletti-Bridder vir, mat deenen den Ech-Protagonist Fränz zesummen d’Artnapping SA gegrënnt huet. Hire Businessmodell: Si tausche Biller aus, well ausseruerdentlech economesch Ëmstänn erlaben ausseruerdentlech Moossnamen. Eng ënnerhalsam »Konschtgeschicht« voller Esprit.

**Diane Neises: Weidermerciäddinächsten**
**ISBN 978-99959-830-4-8**




D’Julie Vinandy-Schmit entféiert de Lieser an hirem **Magnificat** a Südamerika. Aus Freed un der Musek huet en Heedekand decidéiert, d’Lidder aus dem Magnificat ze léieren. Wat als intellektuell Erausfuerderung ugefaangen huet, kritt fir d’Haaptprotagonistin am Laf vun der Rees ëmmer méi eng grouss Bedeitung. Kënnt et zu der Erleuchtung virun der Jesus-Statue zu Rio de Janeiro?

**Julie Vinandy-Schmit: Magnificat**
**ISBN 978-99959-39-01-4**

Den Alain Atten huet mat sengem **Kuebennascht** e Krimi geschriwwen, deen et a sech huet. Wéi beim Kiebchen an der Griecht alles an d'Luucht flitt, ginn de Béier an de Bier mat der Enquête chargéiert. Déi féiert déi zwéin zolidd Hannermänner vun der Police bis an den Himalaya an en Nascht hannert den Äisbierger. En typeschen Atten a senger onverwiesselbarer Sprooch.

**Alain Atten: D'Kuebennascht**

**ISBN 978-99959-39-02-1**







De Yorick Schmit hëlt de Lieser a **Paenitentia** mat an eng däischter Zäit nom Zweete Weltkrich: E jonke Paschtouer lieft zeréckgezunn an engem klenge Minetter Duerf. Wéi enges Daags en ale Jugendfrënd opdaucht, gi verdrängten Erënnerungen un d'Nazi-Occupatioun nees waakreg. Esou mat senger Vergaangenheet konfrontéiert, muss de Geeschtleche sech enger existenzieller Entscheedung stellen.

**Yorick Schmit: Paenitentia**


**ISBN 978-99959-39-03-8**

Am Luc Marteling sengem **iPremier** ënnerhale sech zwee Elder Statesmen iwwert déi wichtegst politesch Lëscht vun der Mënschheet. Si beschäftegt souwuel deen, deen am Stater »Pescatore« gepléischtert gëtt, wéi deen, deen zu Saint-Jean-de-Luz säi Patt am »Pescador« genéisst. Gespréicher aus dem Joer 2045 mat e sëllege Referenzen a Reverenzen un de Grand-Duché vun haut.

**Luc Marteling: iPremier**

**ISBN 978-99959-39-04-5**




All Sonndegmëtteg féiert de Student Max de Pensionnaire Gast vu Käl op Konsdref – op Besuch bei **d'Tilly**. Fir deen ee bedeiten d'Kilometeren en anstännegt Täschegeld, fir deen aneren ass et den direkte Wee bei de wichtegste Mënsch a sengem Liewen. Den Tom Decker beschreift eng Léift am Conditionnel.


**Tom Decker: D'Tilly**

**ISBN 978-99959-39-09-0**

Eng éiergäizeg Fra an en emanzipéierte Mann, dat misst dach klappen. Mä wat ass mat Singapur? Wat geschitt, wann dee Schiet, iwwert deen ee sprange misst, méi grouss ass wéi erwaart? **»Gees de mat?«**, freet dofir d'Josiane Kartheiser an hirem flott geschriwwenen, multi-empatheschen Traktat voller Perspektiv-Wiessel.

**Josiane Kartheiser: Gees de mat?**

**ISBN 978-99959-39-10-6**






Crashed #Ufo in #Luxembourg? Bei der Police gi komesch Meldungen an, op Twitter gi konkreet Froe gestallt an op Féissbuch suerge verwackelt Fotoe fir Opreegung: Wat ass um Virowend vun Nationalfeierdag zu Miedernach geschitt? Firwat war d'Freedefeier dëst Joer besonnesch beandrockend? A wisou interesséiert sech och d'Arméi dofir? Den Titel vum Bob Kieffer senger Kuerzgeschicht ass Programm: **Roswell**. Scifi-Touch mat Lokalkolorit. PS: Wann Iech Roswell gefält, da liest onbedéngt och Rachel vum selwechten Auteur an der Timba-Serie.

**Bob Kieffer: Roswell**


**ISBN 978-99959-39-11-3**




Seniorenheem, Maison de retraite, Oldieshaus. Wéi een et och nennt, et ass a bleift dat selwecht. »Meng lescht Etapp«, denkt d'Emelie e bëssen nostalgesch. Awer och déi »lescht Etapp« ka voller Iwwerraschunge sinn. Dat beweist d'Christiane Ehlinger a sengem richteg temperéierte Smart-Buch **'t ass d'Liewen**, wou d'Haaptprotagonistin an en neit Haus plënnert an do eng al Léift erëmfënnt …

**Christiane Ehlinger: 't ass d'Liewen!**

**ISBN 978-99959-39-12-0**




De Jemp Schuster zerwéiert op **13, Waassergaass** eng ganz besonnesch »Mise en bière«. Well e Béierdeckel ass net just e Béierdeckel. Aus engem Béierdeckel kann ee villes erausrichen: Geschichten, déi de Béier schreift. Och de Béier. Geschichten, déi iwwerall kënne spillen. Och op 13, Waassergaass. Sou steet et geschriwwen. Op engem Béierdeckel. Och op engem Béierdeckel. Entdeckt en ongewéinleche Jemp Schuster, an deem en Hauch vu Béierdonst en olfaktorescht Ausnametalent op en investigativen Tripp schéckt.

**Jemp Schuster: 13, Waassergaass**

**ISBN 978-99959-39-13-7**




Wat geet engem Primaner, dee grad säi leschten Exame geschriwwen huet, alles duerch de Kapp? Den 19 Joer ale Sam verréit eis et. Hien ass am Gaangen, ee Kapitel zouzemaachen an een neit opzeschloen. An en ass vu sech iwwerzeegt: Zefridde kuckt en no hannen a rechtfäerdegt sech. Hoffnungsvoll bléckt en no vir a gesäit seng Méiglechkeeten. Hie weit of, erwaart sech vill a bastelt grouss Pläng. An **An elo mol … op Lloret!** huet de Luc Belling dem Sam seng Gedanken néiergeschriwwen.

**Luc Belling: An elo mol … op Lloret!**

**ISBN 978-99959-39-14-4**




Wann de Kewen engem Draach begéint ass, huet hie säi Schwäert néiergeluecht an ass op den Draach zougaangen. Mä net ze no, well seng Rüstung war jo aus Kartong. An als Ritter begéint een net nëmmen Draachen … Eng Geschicht vum Tullio Forgiarini fir kleng a grouss Lieser – mat sëlweregem Cover a mat Illustratioune vum Hermann Fuchs (zu där Zäit am Iechternacher Lycée): **De Ritter an der Kartongsrüstung.**

**Tullio Forgiarini: De Ritter an der Kartongsrüstung**

**ISBN 978-99959-39-15-1**

Lo ass et schonns erëm de 15. September: Den Dram vun Dausende vu Kanner, Jofferen a Schoulmeeschtere geet deen Dag op en Enn, den Dram vun Dausende vun Eltere geet dee selwechten Dag an Erfëllung. Dovu kënnen Dechargeusen e Liddche sangen! Dëst hei ass eent voller Selbstironie iwwer den Tunni Téinert, dee berüchtegten Zykel-4-Virus a ganz vill Ouereschmalz, geschriwwe vum Karin Goedert, déi mengt: **Maacht mer keen Ouer!**




**Karin Goedert: Maacht mer keen Ouer!**
**ISBN 978-99959-39-16-8**





Esch-la-mauvaise, sot de Fuzz. Daesch-sur-Alzette, sot de Mayo. An deem Zoustand, wou dës Stad ass, ass hei alles erlaabt, sot de Fuzz, deen erausfonnt huet, datt den Anagramm vun Esch/Alzette »letzte Asche« heescht … Et flackert a flakkat an der däischterer Dystopie **Flakka** vum Nico Helminger. Daucht dran an, wann Der Iech traut.

**Nico Helminger: Flakka**
**ISBN 978-99959-39-17-5**





D'Gintare Parulyte erzielt a **Fuck** an enger ganz direkter Sprooch vun den Erwaardungen an Enttäuschunge vun enger jonker Fra. En emotionalen an hormonellen Op an Of, bei deem kee méi spiert, wéini den Héichpunkt kënnt …

**Gintare Parulyte: Fuck**
**ISBN 978-99959-39-18-2**




En zerrapptenen Ziedel aus engem Hotel, e mysteriéise Message, dee vläicht ni ukomm ass – dës Decouverte am TGV op Paräis mécht aus enger Zuchrees eng Entdeckungsrees: e Pabeier-Puzzle, deen eis iwwert verschidde Libes- a Liewesweeër duerch den Tunnel vun der Léift féiert. Fuert duerch den **Tunnel of Love** vum Jackie Messerich.


**Jackie Messerich: Tunnel of Love**
**ISBN 978-99959-39-19-9**




**D'Smart-Buch 19 gouf op Italieenesch iwwersat:**

**Tunnel of Love**
**Alla ricerca di una storia**
**Traduzione: Metta Brandino**
**ISBN 978-2-919781-00-3**
**36 pagine • 2,99 €**

**Wat geet mech de Bertemes iwwerhaapt un?**, mengt de Jean-Paul Maes zum Ofschloss vun der Smart-Serie a versetzt eis an d'Haut vun engem Mann am beschten Alter, deen net nëmmen an der Sauna an d'Schweesse kënnt a sech fir onwidersteelech hält. Ob déi aner, virun allem d'Dammen, dat och esou gesinn? Eng Geschicht mat Temperatur an Temperament.






**J.P. Maes: Wat geet mech de Bertemes iwwerhaapt un?**
**ISBN 978-99959-39-20-5**


# Kremart Timba


## Nei Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch




































40 Säiten
Just 4 €


D’Serie vu 24 Bicher gëtt 2024 ofgeschloss.



























2024



2024

## Kremart Timba


# Déi nei Kuerzgeschichten am Kuerzportrait

**40 Säiten**
**4 €**




Huet hie säin Noper ëmbruecht oder net? De Star vun dëser Geschicht ass en Amateurfotograf, dee sech verdächteg mécht, well e keen Alibi huet … well en net op Facebook ass. E geréit ellen an d'Laberenten an zweiwelt souguer u senger eegener Existenz, esou staark ass d'Muecht vun de Biller.

**Marc Wilwert: De groe Star**
**ISBN 978-2-919781-01-0**




Hie war op eemol einfach do. An op eemol einfach net méi. Mä wat huet en an deenen zwee Joer dertëscht gemaach? Wie war hien iwwerhaapt? Vläicht wier et awer derwäert gewiescht, de Mats besser kennen ze léieren. Dat denkt elo jiddereen, ma elo ass et ze spéit..

**Jérôme Netgen: D'Wolleken iwwer Hawaii**
**ISBN 978-2-919781-02-7**




Et fänkt u mat engem wäissen Hoer. Mä wier et gutt e wäisst Hoer. Dat, wat do um Änder sengem Kapp wiisst, ass eppes ganz anescht. A seng Fangeren huelen op eemol och ongewéinlech Formen un. Wat geschitt do grad mat him? Eng kafkaesk Geschicht vun der Musel.

**Catherine Gitzinger: De Bam**
**ISBN 978-2-919781-03-4**




Mat 30 Joer schonn e Bilan zéien? Wat erzielt ee beim Konveniat, wann déi aner all vun hirem Auto, hirem Job, hire Kanner schwäermen? Besonnesch wann dat engem säi Liewenszil guer net war. Souwisou, wann et op eemol un dat Liewegt geet, änneren d'Ziler ganz séier …

**Sophie Gitzinger: Vill Gléck am neie Joer**
**ISBN 978-2-919781-04-1**




Ass et wouer? Dat kann dach net sinn! Ma et ass kee Witz, et ass eng eescht Geschicht: De Wollef ass nees do! Sou e Béischt am klenge Grand-Duché beschäftegt natierlech och déi grouss Politiker. E Pas de deux fir den Icksbee an den Effbee. Oder einfach e Sketch anno 2018. Aaauuuuuuu…

**Luc Marteling: Den nationale Wollef**
**ISBN 978-2-919781-05-8**



»Wou ass däin houeren Hond! Abbes, wou ass dat Sauvéi?« Dat ass de Fin mot vun engem Old-School-Barbecue-Man a senger eegener Grillarena. E puer Méint virdrun, op Chrëschtdag, war ewell e Samushelikopter Affer vun enger Fondue ginn. Do kann ee scho mol iwwer eng Diät nodenken.


**Roland Meyer: Food Leaks**
**ISBN 978-2-919781-06-5**




En Uerdnungsfanatiker wéi de Jemp als Noper hunn, ass net einfach. Mä wat passéiert, wann deen enges Daags och nach d'Schlëssele vun den Nopeschhaiser an de Grapp kritt? A wat kënnt dobäi eraus, wann esou e Jemp bis ufänkt, iwwert sech selwer nozedenken?

**Josiane Kartheiser: Dem Jemp seng Uerdnung**


**ISBN 978-2-919781-07-2**




»Et ass Summer, ech hu 15 Joer a si verléift. Déi éischte Kéier a mengem Liewen esou richteg. An en Anarchist aus Schweden! Angscht, Virwëtz, den éischte Kuss a weider ...? Alkohol, Snus a Bullshit vun dir. Wäerts du bleiwen, Rasmus? Lucy loves u.« Erwuesse ginn ass zimmlech kompliziéiert, wann d'Gefiller Kopplabunz schloen an de Kapp net dat selwecht wëll.

**Fabienne Hollwege: Lucy Love**

**ISBN 978-2-919781-08-9**




A sengem ganze Liewen hat hie bis elo nëmmen Niewerollen. Den Haaptprotagonist vun döser Geschicht, en Aktör, ass ënnen ukomm, lieft an engem Schapp nieft dem grousse Bësch Wal a steet do virun der Wiel: opginn oder duerhalen? En decidéiert ze kämpfen – géint d'Deponie a fir all d'Bommelen an Dëschtelen op döser Welt.

**Jean Back: De Schapp beim Wal**


**ISBN 978-2-919781-09-6**




Dem Kommissär war de Kënn erofgefall. Eng Partie Kaart fir eng Läich? Esou eppes war him a senger ganzer Karriär net ënnerkomm. A wien hat gewonnen? Wien an engem Bouneweger Bistro schafft, dee kritt esou muenches mat. De Sam erënnert sech absënns un de Karel, den Usch, de Mulles an de Poli an un dat, wat si alles gestëbst hunn ...

**Joseph Kayser: Déif gekillt**


**ISBN 978-2-919781-10-2**




Wann d'Kanner aus dem Haus ginn, bedeit dat eng nei Etapp. Fir si a fir d'Elteren. Als Elteren, awer och als Koppel. Domat muss ee sech fir d'éischt emol ausernanersetzen, woubäi just eng Saach sécher ass: D'Kanner suergen och dann nach fir Iwwerraschungen.

**Josiane Kartheiser: Déi nächst Etapp**


**ISBN 978-2-919781-11-9**




En ass vu wäit fort zréckkomm a wëll bei senge Léifsten do virufueren, wou si opgehalen hunn. Mee esou einfach ass dat alles net. – Fir säin Theaterstéck »Fir wann ech net méi kann« krut de Romain Butti den **1. Präis am nationale Literaturconcours 2018.**

**Romain Butti: Fir wann ech net méi kann**

**ISBN 978-2-919781-12-6**




Zesumme mat sengem Bouf Ben hëlt den Erzieler eis mat an de Bësch a stellt eis seng Stammbeem vir. **Weeër a Spueren** aus enger lëtzebuergescher Familljechronik, vun engem fatale Blëtzschlag iwwer eng tragesch Auswanderung bis zu enger ongewéinlecher Fréndschaft am Zweete Weltkrich.

**Yorick Schmit: Weeër a Spueren**


**ISBN 978-2-919781-13-3**




D'Zoé mécht Gipsofdréck vu Récker. Déi wäiss Schuele veraarbecht hatt op eng ganz kreativ Manéier weider. Firwat eigentlech? A wat soll domat geschéien? Déi jonk Kënschtlerin, eng gequäälte Séil, léisst sech dozou iwwerrieden, hir Kreatiounen auszestellen. Ma ass dat wierklech eng gutt Iddi? – Den éischten Deel vun der Geschicht **»Engelsflilleken«** mam Titel **»D'Ausstellung«**.

**Julie Vinandy-Schmit: Engelsflilleken, 1. Deel**


**ISBN 978-2-919781-14-0**




Beim Zoé geet sou munches schif. A senger klenger Welt schéngen d'Dreem net an Erfëllung ze goen ... Op eemol daucht de Seraphin op. Him seng Welt ass voller Poesie. Wat geschitt, wann d'Zoé sech drop aléisst? – Den zweeten Deel vun der Geschicht **»Engelsflilleken«** mam Titel **»De Seraphin«**.

**Julie Vinandy-Schmit: Engelsflilleken, 2. Deel**


**ISBN 978-2-919781-15-7**




Muss ee stierweskrank ginn, fir sech d'Fro ze stellen, wat engem wierklech wichteg ass? Wéi de Pol gewuer gëtt, dass en nach just sechs Méint ze liewen hätt, mécht en sech op eng lescht, ganz onprobabel Rees, déi e vu Lëtzebuerg iwwer Las Vegas bis op **Rachel** am US-Bundesstaat Nevada féiert. E verluerent Nascht matten an der Wüüst, net wäit vun der Area 51 ewech a voller Rumeuren iwwer ausserierdescht Liewen ... Onbedéngt och Roswell aus der Smart-Serie liesen!

**Bob Kieffer: Rachel**


**ISBN 978-2-919781-16-4**




Igitt! Satir! Ironie! Dat kënnt guer net gutt an eisen humouerlosen Zäiten, an däser Ära vu beleidegte Liewerwurschten! Esoubal een eppes seet, ob eescht gemengt oder net, fannen sech der direkt fënnef, dienen hir Gefiller doduerch verletzt sinn. Dësen Tatsaacheberich aus dem Land vun den onbegrenzte Katastrophen dierft do keng Ausnam sinn. Mee dat huet Cabaret jo esou u sech. Zum Gléck!

**Roland Meyer: Vu Reptiloiden an ale wäisse Männer**


**ISBN 978-2-919781-17-1**




»Du häss jo eppes gesot, Lily?« – »Jo«, soen ech. Ech wëll net dat Meedche sinn, dat näischt seet. D'Lily steet op der Bün. Mee hannert der Bün geschitt eppes, mat deem hatt ganz eleng ass. Seng beschte Fréndin ass an Amerika. Seng Mam wëll, datt hatt jogge geet. Den ale Schauspiller wëll him de Kapp voll tuddelen. Mee ass hatt wierklech eleng?

**Katharina Bintz: Valley Girl**

**ISBN 978-2-919781-18-8**





»Wat weess een da vun hinnen?« Wat wësse mir iwwer eis Pappen. Wat wousste si iwwert eis? Wéi gesi mir se elo, wou se net méi do sinn. Dëse Kaleidoskop vun Andréck, Momentopnamen a Souvenire versicht, e perséinlecht Bild vu Pappen ze zeechnen, wéi se an der Erënnerung vun hiren Duechtere weiderliewen, an illustréiert esou déi eenzegaarteg Bezéiung tëscht hinnen. All anescht an awer sou änlech. – Iwwereegens: 2018 koum vun der selwechter Autorin an der Serie Smart d'Kuerzgeschicht Tunnel of Love eraus.

**Jackie Messerich: Pappendag**

**ISBN 978-2-919781-19-5**

NEI





An engem Dag mat engem Ballon duerch ganz Lëtzebuerg reesen? Wat eng Iddi! An trotzdeem léisst sech de Globetrotter Dr. Henri N. C. Kerschen duerch näischt vun dësem Plang ofbréngen. Am Ballon iwwer Lëtzebuerg, dat ass eng eenzegaarteg historesch Odyssee, bei Sonn ewéi bei Reen, an der Loft, um Buedem an am Waasser. A mat eemolege Figuren, wéi ee se soss nëmmen an der Reesliteratur fënnt.

**Romain Haas: Am Ballon iwwer Lëtzebuerg**

**ISBN 978-2-919781-20-1**

NEI





D'Madamm Finn war hiert Liewe laang fir déi aner do. Mann, Kanner an Aarbecht sinn ëmmer virgaangen. Mee no an no ännert sech alles an d'Josephine muss sech entscheeden: opginn oder en neien Ufank woen?

**Cathy Clement: Rondel**

**ISBN 978-2-919781-21-8**


NEI




Eng Schockdiagnos hat se viru siwe Joer derzou bruecht, iwwer hiert Liewen nozedenken an hir Geschicht »Vill Gléck am neie Joer« ze erzielen. Zënterhier ass fir d'Protagonistin vill geschitt: Dat geet vun der Sich nom perfekte Mann bis hin zum Gespréich mam Dokter a senger Äntwert op d'Fro: »Wéi laang nach?«

**Sophie Gitzinger: Gléck Vill fir de Gebuertsdag**

**ISBN 978-2-919781-22-5**




Erschéngt am Laf vum Joer 2024.

**Jérôme Nettgen: Komm zeréck, Stevie Ray**

**ISBN 978-2-919781-23-2**




Erschéngt am Laf vum Joer 2024.

**Christiane Kremer: Gëff mer (k)eng Bees**

**ISBN 978-2-919781-24-9**

# 1 Buch = 1 €

## Eng Taass Literatur fir matzehuelen!


Bucktugou, dat si ganz kleng Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch, déi ee gemittlech bei enger Taass Kaffi oder engem Schocki genéisse kann. Oder engem Cremant, Pastis, Gin Tonic, Humpen oder Mini.

Mini géif besonnesch gutt passen, well fir eng Bucktugou-Geschicht brauch ee just e puer Minutten. An dës Liesdauer steet och um Cover!

Mini ass och de Format: 12,5 × 9 cm, datt d'Bichelcher och an d'Täsch vun engem Hiem oder enger Jackett passen. Ëmmerhi si se ideal fir ënnerwee. A mini ass och de Präis: just 1 Euro. Jo, richteg gelies: just 1 Euro!


»Hot Coffee« bezeechent d'Bicher fir déi grouss an »Hot Chocolate« déi fir déi jonk Lieser.

## Hot Chocolate




D'Famill ass nuets mam Auto ënnerwee an den Tunn sëtzt an der leschter Rei an der Mall. Op eemol klëmmt en Töntefësch aus enger Posch eraus a setzt sech einfach op en.

**Luc Marteling: Féiwer**
ISBN 978-2-919781-53-9
8 Säiten




De Wee op Lëtzebuerg ass net ëmmer einfach. D'Weeër zu Lëtzebuerg sinn et och net ëmmer. Net wann ee Räfüjiä ass. Zum Gléck sot de Schoulmeeschter, den Här Schmitz, zum Anita: Schäiss drop. Du gees mat!

**Tullio Forgiarini: Phantasialand**
ISBN 978-2-919781-56-0
20 Säiten




Un deen Dag, wou ech Äuslänner gi sinn … kann ech mech nach ganz genau erënneren. Also, net un de genauen Datum. Éischter un de Moment. Un de Kader.

**Tullio Forgiarini: Un deen Dag, wou ech Äuslänner gi sinn …**
ISBN 978-2-919781-57-7
13 Säiten

# Hot Coffee




Wat an der Nuecht vum 2. op den 3. November 1942 um Käschtenhaff bei Hierseng geschitt ass, kënnt 1958 an der Pressessioun ronderëm den hellege Rack zu Tréier nach eemol op … De Josy Braun (1938–2012) huet dës Kuerzgeschicht kuerz viru sengem Doud geschriwwen.

**Josy Braun: Zwéi Meter virun der, Martin!**
**ISBN 978-2-919781-51-5**
**12 Säiten**




Nodeems seng Schwëster Hope op d'Welt komm ass, huet sech am Samira senger Famill op ee Schlag alles geännert.

**Danielle Schartz: Eleng ënner villen**
**ISBN 978-2-919781-54-6**
**16 Säiten**




Wéini ass dee richtege Moment? Wann een ze laang dorop waart, da kann et sinn, datt op eemol den Zuch fort ass. An dann huet ee vläicht net just den Zuch verpasst …

**Christiane Kremer: An engem Zuch**
**ISBN 978-2-919781-52-2**
**16 Säiten**




Ëmmer, wann et Musek héiert, fillt d'Jacqueline sech esou liicht. Selwer kënne Musek maachen, dat ass säin Dram, mä kuerz nom Krich hu se doheem aner Suergen.

**Christiane Kremer: Accord(eon)**
**ISBN 978-2-919781-55-3**
**16 Säiten**




»Kuckt, datt äre Plonner an d'Sakristei kënnt! Maacht mer alles gutt dreckeg an naass! An d'Schoul gitt der och nach vläicht, wéi?« Dem Ämmel geet villes net, wann den Dag laang ass.


**Alain Atten: Do uewe läit eent**
**ISBN 978-2-919781-58-4**
**12 Säiten**

# Loscht op Literatur




KREMART
KANEPHORA

*Déi nei Bibliothéik vu Kremart Edition*




# Jean Back
## Dräi staark Monologen

En Epicier ouni Äerm zu Esch, en Taxidermist an eng libesch Flüchtlingsfra zu Monaco an e Camionschauffer mat engem Homard op der Rull – de Jean Back beschreift aussergewéinlech Mënschen an ongewinnte Situatiounen.

»Mam *Zalto mortale* geléngt der Edition Kremart e gudde Start, fir d'Serie Kanephora ze lancéieren. D'Sprooch erlaabt et dem Lieser, sech an d'Personnagen eranzeversetzen.« – Charlotte Wirth, Lëtzebuerger Land

**Jean Back | Kremart Kanephora, Band 1**
**Zalto mortale**
**ISBN 978-99959-39-41-0**
**112 Säiten • 19,95 €**



## Filmgeschichte, Flüchtlingskrise

Luxemburg in den 1970er-Jahren: Eine Gruppe junger Wilder, inspiriert von den Werken des österreichischen Lyrikers Georg Trakl, verfilmt dessen Ballade »Die junge Magd«. Der Amateurfilm schafft es zunächst ins luxemburgische Fernsehen, dann sogar nach Salzburg, Trakls Heimatstadt.

Salzburg 2015: Autor Jean Back verbringt einige Urlaubstage in der Stadt. Der Besuch gestaltet sich überraschend zu einer emotionalen Spurensuche zu den Anfängen des Projekts, bei der die Erinnerungen an die Dreharbeiten und den damaligen gesellschaftlichen und familiären Kontext wieder aufleben.

»Trakl Blues« erzählt die Geschichte eines Films und beschreibt gleichzeitig die Stimmungslagen in Umbruchzeiten: der politische Wandel in Luxemburg vor 40 Jahren, die Flüchtlingskrise in Europa heute.




**Jean Back | Kremart Kanephora, Band 4**
**Trakl Blues**
Ein Memory zum Luxemburger Amateurfilm »Die junge Magd«, nach der gleichnamigen Ballade von Georg Trakl
Mit Film-DVD und Fotoseiten
**ISBN 978-99959-39-44-1**
**160 Seiten • 19,95 €**

# Linda Graf


## Tolles Beziehungsgeflecht

*Die Tage, die Dinge* von Linda Graf ist ein gelungenes, besinnliches, ganz einfach schönes Buch über die Irrungen, Zufälle und Rätsel der menschlichen Existenz in ihrer individuellen Erfahrung und Wahrnehmung, eine intime Auseinandersetzung mit Zeit und Raum (Tage, Dinge) und dem hoffnungsvollen Sinnstreben in einer komplizierten Welt.« – Marcel Kieffer, Luxemburger Wort

**Linda Graf | Kremart Kanephora, Band 2**
**Die Tage, die Dinge**
**ISBN 978-99959-39-42-7**
**200 Seiten • 19,95 €**






# Maryse Krier

## Die Marotten der Mitmenschen

Vierzehn satirische Kurzgeschichten versprechen ein bissiges Lesevergnügen, das die Illustrationen vun Nachwuchszeichnerin Tanja Trienekens noch intensivieren.

»Mit viel Witz, Ironie und einer Prise Sarkasmus beschreibt Maryse Krier in *Allen Ernstes* altbekannte Alltagsmomente.« – Charlotte Wirth, Lëtzebuerger Land

**Maryse Krier | Kremart Kanephora, Band 3**
**Allen Ernstes**
**ISBN 978-99959-39-43-4**
**208 Seiten • 19,95 €**



## Romain Butti


# Wilde Visionen in der Metropole




Auf nach Berlin – für ein Jahr! Und er hat sogar einen ganz konkreten Plan: Die Memoiren einer gefeierten Galeristin aus Mitte fertigstellen. Als in der Bar plötzlich der mysteriöse Greg neben ihm steht, gerät sein Leben aus der Bahn. Je näher sich die beiden kommen, desto klarer wird es, dass sie nicht nach Berlin gehören. Es ist der Beginn einer aufwühlenden Reise hin ins große Nichts.

Das Debüt von Romain Butti, der für sein Theaterstück »Fir wann ech net méi kann« den nationalen Literatur-Wettbewerb 2018 gewann.

**Romain Butti | Kremart Kanephora, Band 7**
**Ein Jahr in Berlin**
**ISBN 978-99959-39-47-2**
**98 Seiten • 19,95 €**






## Christiane Kremer


# Eng turbulent Zäit

Lëtzebuerg 2013: D’Stëmmung am Land ass explosiv. D’Wirtschaftskris ass net ausgestanen, viru Geriicht gëtt de Bommeleeërprozess verhandelt an d’Regierung rutscht wéinst enger Srel-Affär an d’Kris.

D’Corinne Rausch, Mëtt 40 a frësch getrennt vun hirem Mann, dem Jurist an Deputéierte Joé Welter, probéiert, hiert Liewen nei ze organiséieren. Nieft dem emotionalen Duercherneen, mat deem se Dag an Nuecht ze kämpfen huet, probéiert se och, eng Aarbecht ze fannen. Op hirem Wee klëmmt se ongewollt an de Bicherbus an entdeckt eng Passioun erëm, déi se laang vergiess hat: d’Passioun fir gutt Geschichten …


**Christiane Kremer | Kremart Kanephora, Band 10**
**De Bicherbus**
**ISBN 978-99959-39-50-2**
**320 Säiten • 19,95 €**





# Alain Atten

## Vun der Meuse bis op d'Musel




Wat d'Jeanne d'Arc zu Bäerbrech (Berbuerg) mécht, dat weess seng Frëndin um Schlass an nach een, deen am Gaang ass, den Altor vun de véierzéin Nouthelfer ze schnëppelen … De Sproochmates kiert all d'Spläiteren zesummen, déi dobäi ewechfueren. Seng Zäitrees geet vun der Meuse bis op d'Musel (1425–1436). Si bleift an der Sprooch vun der Géigend: Déi Novell hei vum Alain Atten huet Miseler Sprooch!

**Alain Atten | Kremart Kanephora, Band 6**
**Alle véierzéin**
Illustratiounen: Luana Maggipinto
**ISBN 978-99959-39-46-5**
**240 Säiten • 19,95 €**





## An de lokale Mondaarten

1619 – Guttkéise Jouer vun Esch am Lach (de Georges Gutkäs vun Esch-Sauer) kënnt vun déi Säit dem Pull heem an d'Land no senger Ierfschaft kucken. 't weess keen, datt en erëm ass. Als Bouf war en Zeien, wéi ee seng Gued ëmbruecht huet; en huet deemools séier misse verschwannen. Ënnerwee fir heem, zu Uewerpallen, kritt e mat, datt de Vaut vun Esch, deen en ëmmer gär verdillegt hätt, ewell als Hexejeeër de Streech onsécher mécht.

**Alain Atten | Kremart Kanephora, Band 8**
**Déi Säit dem Scheet**
Illustratiounen: Luana Maggipinto
**ISBN 978-99959-39-48-9**
**192 Säiten • 19,95 €**

## »Ënnerhalend, instruktiv, wäertvoll«





Eng Kanoun ënnerwee, am Wanter 1593. E fréiere Kanonéier huet den Holläner se gegrapst, wéi se drop an dru sinn, Dikrech z'iwwerfalen. Hie fënnt, si kënnt gradesou gutt deenen Dikrecher bäisprangen, fir op d'Hollänner ze baatschen. Mat senger Freiesch a mat där Houser Klouschterkutsch kritt en d'Geschëtz iwwer allerhand Ëmweeër op d'Plaz. Just zur Zäit. Erzielt gëtt dës Novell an der Sprooch vun der Mëttelsauer.

*»Den Alain Atten hëlt domat definitiv seng eege Plaz an der Traditioun vun deene grousse klassesche Lëtzebuerger Mondaartdichter an … En alles an allem ënnerhalend, instruktiivt a wäertvollt Buch!«* Marcel Kieffer, Luxemburger Wort

**Alain Atten | Kremart Kanephora, Band 9**
**D'Hobitz**
Illustratiounen: Luana Maggipinto
**ISBN 978-99959-39-49-6**
**192 Säiten • 19,95 €**

# Jean-Paul Maes

## Emotionales Chaos






»Rehaugen« spielt im Jahre 2010 in Luxemburg. Die Geschichte wird aus Karins und Luciens Perspektive erzählt. Sehnsüchte, Ängste, Zweifel steigen an die Oberfläche und stürzen beide in ein emotionales Chaos.

**Jean-Paul Maes | Kremart Kanephora, Band 11**
**Rehaugen**
**ISBN 978-99959-39-51-9**
**444 Seiten • 19,95 €**

---

*»Eindrucksvolles Romandebüt über den Versuch eines Coming-out«*
**MARCEL KIEFFER, LUXEMBURGER WORT**


*»E komplexe Sujet, deem sech de Jean-Paul Maes mat ganz vill Sensibilitéit higinn huet. E Roman, dee sech ganz gutt liest, net langweilt. Näischt ass opgesat, net pretentiéis. Absolut liesenswäert.«*
**VALERIJA BERDI, 100,7**

---

# Jhemp Hoscheit

## Corona a Confinement, friemgoen a friemschreiwen, Prosa a Poesie






Jidderee vun der Famill Gelser probéiert op seng Manéier, mat der intensiver Zäit vum éischte Confinement ëmzegoen: d'Mamm Manon, de Papp Laurent an d'Teenager-Duechter Lena. Tëschent den Zeilen ass de sechste Roman vum Jhemp Hoscheit an déi 13. a virleefeg lescht Publikatioun an der Serie Kremart Kanephora vu Kremart Edition.

**Jhemp Hoscheit | Kremart Kanephora, Band 13**
**Tëschent den Zeilen**
**ISBN 978-99959-39-53-3**
**295 Säiten • 19,95 €**




# Julie Vinandy-Schmit

## Le vague à l'âme

Sophie vient tout juste de décrocher un diplôme de fin d'études secondaires, mais se retrouve seule dans la vallée de la Pétrusse, sans perspectives d'avenir. Sophie colle des messages sur un banc… dans l'espoir d'obtenir une réponse, de communiquer.

À 19 ans, elle baigne dans les eaux troubles de la mélancolie et sombre peu à peu dans le monde des rêves. Qu'y trouvera-t-elle? La folie, la mort ou un chemin vers la vie?

À travers une succession de scènes captées sur le vif, Julie Vinandy-Schmit décrit le manque de repères et le désespoir de Sophie – le temps d'une saison, en 1990. C'est un conte teinté de spleen… mais toujours plein d'humour et subtilement illustré par Hermann Fuchs.

**Julie Vinandy-Schmit I Kremart Kanephora, tome 5**
**Perdue dans la vallée**
**ISBN 978-99959-39-45-8**
**128 pages • 19,95 €**



# Giulio-Enrico Pisani

## Une aventure aussi surréaliste que fantastique


À quoi pourrait aboutir la rencontre, puis l'évasion commune d'un homme d'affaires ruiné, d'un clochard multimillionnaire et de sa sœur nymphomane, d'un pêcheur cul-de-jatte, d'une charmante sirène, d'une vénus africaine et d'autres personnages encore, entre Belgique, Gambie, Afrique du Sud et îles du Pacifique ?

Petit roman ou conte pour «grandes personnes», *Voleurs de liberté* y répond en faisant vivre au lecteur avec tout ce petit monde une aventure aussi surréaliste que fantastique.

*«Quel délicieux, inspirant, savoureusement libertin et surtout émouvant livret de Giulio-Enrico Pisani …»* Marcel Kieffer, Wort




**Giulio-Enrico Pisani**
**Kremart Kanephora, tome 12**
**Voleurs de liberté**
**ISBN 978-99959-39-52-6**
**162 pages • 19,95 €**



# Loufoqueries

■ Lorsqu'une dame en trottinette, une amie hystérique, un marchand d'histoires ou une charmante vieille s'invitent dans votre quotidien et vous transportent dans des voyages immobiles, on se dit qu'au-delà du visible demeure la magie pour celui qui sait y regarder de plus près. Ces personnages loufoques occupent la «place d'à-côté», celle de l'inconnu. Et si l'on changeait de chaise, ne fût-ce que pour un instant …

Laurence Klopp vit et travaille au Luxembourg sauf quand elle est ailleurs. Comme le dit si bien l'un de ses personnages, «je n'avais rien à faire ici, mais comme je n'avais rien à faire ailleurs non plus …», alors elle se décida à écrire son premier recueil de nouvelles: *La dame à la mise en plis mauve.*

**Lëtzebuerger Buchpräis 2014: Prix spécial graphisme.**




**Laurence Klopp et Natacha Paschal**
**La dame à la mise en plis mauve**
**ISBN 978-99959-830-6-2**
**88 pages • 17,89 €**




# Toujours touchant

■ «brèves [re]trouvailles» est un recueil de cinq nouvelles. La moins brève narre la rencontre entre Jeannot, laveur de vitres incapable de mettre pied à terre, et Léonie, morte incapable de monter au ciel.

Après le succès de son premier ouvrage en 2014, l'auteure de «La dame à la mise en plis mauve» récidive et nous emmène à nouveau dans son univers farfelu, pour nous présenter ses personnages touchants et nous raconter leurs histoires fantastiques.

Les cinq nouvelles sont anoblies par les illustrations extravagantes de Diane Jodes.




**Laurence Klopp et Diane Jodes**
**Brèves [re]trouvailles**
**ISBN 978-99959-39-37-3**
**96 pages • 17,89 €**



# haiku-comic aus blackoutville

■ lachen in krisenzeiten – darf man das? geht das überhaupt? oder ist das lachen ein sakrileg, wenn plötzlich der todernst einzug hält? tania naskandy liefert mit ihrem text »da ist was im busch« eine klare antwort: ihren haiku-comic kann man als eine art »lockdown-parodie« lesen, eine ironische abhandlung über unsere kleinbürgerlichen irritationen und verwerfungen, wenn über nacht unsere wohlstandsrituale ins wanken geraten.




die strenge, extrem reduzierte haiku-versform spielt dabei auf die engen, von distanz und klausur geprägten verhältnisse während der krise an.

**tania naskandy**
**da ist was im busch**
**haiku-comic aus blackoutville**
**isbn 978-2-919781-31-7**
**128 seiten • 11 €**

# Pandémique, philosophique, humoristique


■ A quoi sert le papier toilette quand une infection virale aux conséquences respiratoires menace notre monde ? Comment juguler la peur d'une panne d'un appareil électroménager pendant la fermeture prolongée des magasins ? Que faut-il faire pour maintenir la forme quand les salles de sport et les centres de fitness restent désespérément clos ? Pourquoi le déconfinement risque-t-il à l'avenir de modifier nos relations sociales ?




Ces questions hautement philosophiques se sont posées en 2020 pendant la pandémie qui a sacrément perturbé notre vie quotidienne. Après une période d'angoisse et de mesures coercitives visant à contrecarrer la propagation du virus COVID-19, cet ouvrage de Laurent Moyse fait un tour d'horizon humoristique des soucis du confiné ébranlé dans son confort et ses certitudes.

**LAURENT MOYSE** est un journaliste indépendant et l'auteur de plusieurs livres (essais historiques, satire politique). Son parcours professionnel est riche d'expériences dans le journalisme, le secteur financier et le domaine humanitaire. Auteur de nombreux articles de réflexion et de chroniques radiophoniques sur des sujets d'actualité variés, il est aussi fort engagé comme bénévole dans le domaine associatif.

**Laurent Moyse**
**La vie trépidante du confiné**
**ISBN 978-2-919781-30-0**
**52 pages • 11 €**




# Héichprozenteg!


Am waarme Summer 1976 fënnt den Doudegriewer vu Biwer e Knapp vun enger aler Museksuniform an engem Graf … De Josy Braun huet mat »Armagnac« e flotte Krimi hannerlooss, deen och en Hommage u seng Heemecht ass. Kremart huet e posthum publizéiert: »E richtege Josy Braun als ›haute cuisine criminelle du terroir‹ an eng léif Erënnerung un eng schéin al Zäit an un ee Grousse vun eiser Sprooch«, schreift de »Feierkrop«. D'»Tageblatt« schwätzt vun engem »perfekte Sproochgefill« an d'»Lëtzebuerger Wort« attestéiert dem Auteur en »authentescht-on-verfälschtent Lëtzebuergesch«.

**Josy Braun**
**Armagnac**
**ISBN 978-99959-830-5-5**
**136 Säiten • 20 €**

# Héichexplosiv!

Hierscht 1984: Op der Éisleker Scheedhéicht flitt e Juegdchalet an d'Luucht. Geschwënn duerno gëtt en Hobby-Detektiv aus der Scheedhéichter »Résidence Lorblumm« vermësst. Wat d'Land nach net weess: Et ass den Optakt fir eng ganz Serie vu Sprengstoff-Uschléi. D'Land verschwënnt ënner engem Bommenteppech, an – wien hätt dat geduecht? – ënnert dem Teppech verschwannen d'Bommen … Virum Hannergrond vum Bommeleeër-Prozess huet Kremart Edition dem Josy Braun säi Schlësselroman iwwert d'Affaire, de Bestseller »Bommenteppech« aus dem Joer 2004, nei erausbruecht.

**Josy Braun**
**Bommenteppech**
**ISBN 978-99959-39-05-2**
**416 Säiten • 30 €**






Vum **JOSY BRAUN** (1938 – 2012) huet Kremart Edition dräi Bicher erausbruecht: de Krimi Armagnac, eng Neioplo vu sengem Bommenteppech an d'Kuerzgeschicht »Zwéi Meter virun der, Martin!« an der Bucktugou-Rei. Wann Dir un nach méi Wierker interesséiert sidd, da kontaktéiert d'Josée Klincker (joklima@pt.lu).


# E Lëtzebuerger Orbis Pictus*

■ Wéi eng gëfteg Mouk op hirem Fléiepëlz huckt hei en ale Knouterwiichtel an sengem Grant a katapultéiert onappetitlech Pefferkären an nostalgesch Kamellen iwwer d'Remparte vum politesch Korrekte mëtten an seng kathoulesch Heemecht, duer, wou se am lëtzebuergeschsten ass. Mee hannert deem Knouterer verstoppt sech en Auteur, deen seng Lieser ëmmer erëm mat engem Gemësch vun Tatsaachen a Fakenews hannert d'Liicht féiert an se mat neien ale Wierder respektiv »richtegen« a »falschen« Ausdréck veronséchert.

De **PIT SCHLECHTER** gouf den 29. Januar 1949 gebuer an ass um Lampertsbierg grouss ginn. Nom Jongelycée huet en um Cours Universitaire zu Lëtzebuerg an duerno op der Uni zu Saarbrécken Germanistik a Romanistik studéiert a mat der Promotioun zum Dr. phil. säi Studium ofgeschloss. An senger Dissertatioun huet en sech mam Lëtzebuerger Veräinstheater beschäftegt. Spéider huet en als Däitschprofesser geschafft. Zënter senger Pensioun ass e fräie Mataarbechter am LOD – dem Lëtzebuerger Online Dictionnaire.

De **PIT WEYER** ass den 19. Juni 1940 gebuer an um Lampertsbierg opgewuess. Nom Lycée ass en op Essen an d'Folkwangschule für Gestaltung gaang, fir de Beruff vum Grafiker ze léieren an da mat sengem Papp, dem Grafiker Lex Weyer, de Grafikatelier lex&pit weyer ze grënnen. Haut pensionéiert, awer nach aktiv a produktiv.

**Pit Schlechter (Text) a Pit Weyer (Illustratiounen)**
**De Fléiepëlz – E Lëtzebuerger Orbis Pictus**
**ISBN 978-2-919781-41-6**
**120 Säiten • 22 €**






**Lëtzebuerger Buchpräis 2022: Kategorie Literatur**

* Orbis Pictus (gemoolte Welt) ass den Titel vun engem Schoulbuch, dat an Europa vum 17. bis 19. Joerhonnert ganz verbreet war. Et kann een et haut als Virleefer vum moderne Billerlexikon an esouguer vum Comic ugesinn.

# E Jong, eng Bom an déi eege Mamm



Foto: Philippe Matsas

■ De Jong an der Psychiatrie, dee seng Mamm vermësst, obwuel e vun hir mësshandelt gouf; d'Bom Marie, déi Braatsch gespillt huet an elo am Cipa lieft, wou d'Erënnerungen un hiert Kand se tréischten; d'Mamm, déi am héijen Alter stierft, an op eemol geroden Iwwerzeegungen a Gewëssheeten aus der Bunn.

- De Firmi
- Wäissen Tiger
- Ze déif an d'Gewan gekuckt
  (mam Ënnertitel: 20 Glieser an e puer Schierbelen)

*Nuebelschnéier* ass eng Sammlung vun Erzielungen a Kuerzgeschichten, déi labber uneneenhänken. Munchmol si se lëschteg, munchmol batteren Eescht. Heiansdo ass d'Sprooch ganz duuuss, heiansdo zimmlech rau. Virun allem ass et d'Sich nom Doheem an engem klenge Land.

Dem Jean Back (1953) säin éischte Roman *Wollekestol* koum 2003 an den Editions ultimomondo eraus. 2015 hu seng dräi Monologen aus *Zalto mortale* den Optakt vun der Kanephora-Rei, der neier Bibliothéik vu Kremart Edition, gemaach. 2017 ass mat *Trakl Blues* eng Novell an däitscher Sprooch derbäikomm. Seng Kuerzgeschicht *De Schapp beim Wal* gouf 2020 an der Serie Timba vu Kremart publizéiert, parallel zu sengem Roman *L'arc di Marianna* bei den Editions Binsfeld. De Jean Back war bis 2016 Direkter vum CNA a gouf ewell fir säi literarescht Wierk a fir säi kulturellen Engagement ausgezeechent.

**Jean Back**
**Nuebelschnéier**
Erzielungen a Kuerzgeschichten
**ISBN 978-2-919781-62-1**
**106 Säiten • 22 €**



# Speculative Fiction aus Luxemburg

Während der Zugfahrt von Paris nach Luxemburg liest die frisch graduierte Jeanne im Internet von einem seltsamen Naturphänomen in Indien, das sich rasant ausbreitet und bereits mehrere Menschenleben gefordert haben soll. Das blau schimmernde, wurzelähnliche Geflecht lässt jedes organische Leben in seiner Nähe sofort verwesen. Die folgenden Monate erlebt Jeanne zusammen mit ihren Freunden Caroline und Jean-Paul, wie sich das Gangrän ihrem Heimatort Pardange nähert und selbsternannte »Gangränisten« als Weltuntergangspropheten Angst und Schrecken verbreiten. Das lebensvernichtende Phänomen wird zum alles bestimmenden Faktor in dem ehemals beschaulichen Ort ...

Hochaktuelle Speculative Fiction aus Luxemburg, ein beängstigender Blick in die nahe Zukunft der Menschheit, mit viel Lokalkolorit, philosophischen Überlegungen und erschreckenden Parallelen zum Verlauf der Coronavirus-Pandemie, obwohl der Autor die Geschichte bereits Ende 2018 abgeschlossen hatte.




**Maxime Weber**
**Das Gangrän**
**ISBN 978-2-919781-40-9**
**300 Seiten • 18 €**



**Prix Arts et Lettres vun der Section des Arts et des Lettres vum Institut grand-ducal**


**MAXIME WEBER**, Jahrgang 1993, gehört zu den größten literarischen Entdeckungen Luxemburgs der letzten Zeit. Er schreibt Drehbücher, führt Regie für Musikclips, ist in verschiedenen musikalischen Projekten aktiv und verfasst Kurzgeschichten.

In der Anthologie *Mord und Totschlag* (Éditions Saint-Paul) wurde 2010 sein Kurzkrimi *Der vierte Affe* veröffentlicht. 2016 erhielt er für seine Kurzgeschichte *Chaudron fêlé* den ersten Preis beim Jugendliteraturwettbewerb Prix Laurence, 2018 wurde er für seinen Watchblog *Maxime Weber Blog* mit dem Prix René Oppenheimer ausgezeichnet – Begründung: »Engagement gegen rechtsextreme, intolerante und diskriminierende Tendenzen«. 2020 erschien seine erste englisch-sprachige Kurzgeschichte *Panima* in der *Young Voices*-Anthologie von Black Fountain Press. Der vielseitige Autor hat bereits Artikel in forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, woxx, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, SZ Junge Leute und taz publiziert. *Das Gangrän* ist sein erster Roman.

Maxime Weber hat Philosophie in München und in Berlin studiert, wo der gebürtige Luxemburger derzeit auch lebt.

# Schwarz und mysteriös

Mit einem Roman im Noir-Stil will der Schriftsteller Klaus Klopp den großen Wurf landen, nachdem seine ersten beiden Werke gerade einmal als Mittelmaß belächelt wurden. Die neue Geschichte soll spannend und düster, literarisch wertvoll, aber zugleich authentisch und menschlich sein. Vielleicht auch ein wenig kunstvoll. Ausgerechnet ein Glas Wasser bringt den Mittvierziger auf eine Idee, wie er seinen Figuren echtes Leben einhauchen kann. Jetzt muss Klausi zeigen, was in ihm steckt.




*»Ein kurzweiliger und unterhaltsamer Roman«*
**SOPHIE MODERT, TAGEBLATT**

*»Man bekommt bloß Lust auf mehr«*
**CLAIRE SCHMARTZ, LËTZEBUERGER LAND**

*»Zum Schluss vu sengem Roman ›Wasserstand‹ iwwerrascht de Luc François mat engem Showdown, dee guer net dem klassesche ›Gangster-Cop‹-Schema entsprécht.«*
**MICHEL DELAGE, 100,7**

**Luc François**
**Wasserstand**
**ISBN 978-2-99959-39-60-1**
**260 Seiten • 20 €**



NEU

**LUC FRANÇOIS** (wie er sich selbst beschreibt) ist ein erfolgloser Schreiber aus Luxemburg. Das trifft sich gut, denn so konnte er seine eigenen Erfahrungen in »Wasserstand« einfließen lassen und musste sich nicht alles aus den Fingern saugen. Nachdem sich Luc in seinem Schaffen zunächst auf Fantasy und Science-Fiction konzentriert und eine Reihe Bücher im Eigenverlag veröffentlicht hat, springt er mittlerweile munter von Genre zu Genre und schreibt, was immer ihn gerade bewegt.

Auch neben seiner Vorliebe für phantastische Literatur gibt sich Luc alle Mühe, das Klischee des langhaarigen Nerds in sämtlichen Facetten auszuleben: Beruflich ist er als Programmierer unterwegs und musikalisch betätigt er sich als Sänger der Metal-Band Mindpatrol. Seine Mutter rät ihm dennoch zu einem Friseurbesuch.

BESTSELLER

# An engem klengen Duerf …

Kromburg oder Kromber ass en Éisleker Duerf, dat sech net vill vun aneren Dierfer ënnerscheet. Déi Kromber Béischte kommen engem kënneg vir. Wat déi Al mat vill Schweess iwwer Generatiounen zesummegekraazt hunn, dat mussen déi Jonk versuergen a weiderginn. Do bleift net vill Plaz fir Dreem a grouss Gefiller. Hannert de Mauere vun de gewäissten Haiser geschéie Saachen, déi keen dobaussen eppes uginn.

Wéi d'Preisen d'Duerf an d'Land besetzen, traut kee méi deem aneren. De Felix Drengler gëtt agezunn. Seng jonk Fra Anni erwaart e Kand vun em. D'Milli léiert säi Papp ni kennen. De Felix bleift vermësst.

1945, d'Duerf ass nom Krich am Opbau, verschwënnt de Leo, e Bouf vun 13 Joer. Och deen daucht net méi op. Eenzel Leit am Duerf schéngen awer méi ze wëssen, wéi se soen. Iwwert de Felix an iwwert de Leo.

D'Duerfgespréich gëtt esou schlëmm, datt d'Anni et net méi doheem aushält.





**Jemp Schuster**
**Béischten – Roman**
**ISBN 978-2-919781-64-5**
**368 Säiten • 25 €**



De **JEMP SCHUSTER,** den 29. Februar 1948 op engem Sonndeg gebuer, ass mat all Zorte Béischten, där mat véier an där mat zwee Been, um Duerf opgewuess, just an där Zäit, wou dëse Roman och spillt. Zu Kromber, dat a Wierklechkeet anescht heescht, geschéien an de Joren 1942 bis 1949 Saachen, déi déi Betraffen am léifsten ënnert dee berüümten Teppech géife kieren. Well awer a kenger Bauerestuff en Teppech läit, gëtt dat alles nach vill méi déif vergruewen. Den Auteur geet hannert d'Diere lauschteren an duerch d'Schlëssellächer luussen, fir eppes méi gewuer ze ginn an doraus dës Geschicht ze spannen.

De Jemp Schuster ass bekannt als fräischafenden Acteur, Auteur a Regisseur. En huet Theaterstécker geschriwwe fir Kanner an Erwuessener a Kabaräsprogrammer. 2020–2021 huet e bei der Imprimerie Centrale mat »Bluttséffer« an »Ouereschléffer« eng Familljesaga an zwee Deeler erausbruecht, déi am Norde vum Land spillt. »Bluttséffer« ass mam Lëtzebuerger Buchpräis 2021 ausgezeechent ginn a stoung op der Shortlëscht vum Servais-Präis.

Mat sengem neie Roman »Béischten«, enger eegestänneger Geschicht, bleift de Jemp Schuster der ländlecher Regioun trei. 2015 ass an der Serie Smart Kremart seng Kuerzgeschicht »13, Waassergaass« erauskomm.




**Am Juni 2024 op Lëtzebuergesch**
A ganz klenger Oplo
Iwwersat vum Luc Marteling

# **Kremart Timba:** Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch




**TIMBA ass den Nofollger vu SMART:**
Gradesou faarweg, awer nach méi zackeg!
40 Säite fir nëmme 4 €